



dann ass dat heiten net déi richtig Koalitioun! Jo, well dës Koalitioun sech engagéiert huet, dëst Land och ze moderniséieren. An d'Moder-niséierung heescht och Participatioun vum Bierger bei Décisiounen. An hei dann ze soen, mir ginn an Otagé geholl, an dann duerno mussen d'Leit fir eis décidéieren. Se hunn eis awer e Mandat ginn a mir sinn Deputéierten.

Hei si Froen, wou mer eis soen: Wéi e Lëtze-buerg wëlle mer muer?

An erlaabt mer kuerz, dass ech op déi dräi Froen - ech wollt am Ufank net op déi dräi Froen agoen, well haut wor fir mech de But jo, de Vote ze huelen, an dann, dass d'Campagne sollt ufänken, dass dann all Partei d'Méiglechkeet huet, an hirer Campagne ze soen, firwat se fir de Jo oder firwat se fir den Neen ass. Mä well jiddwereen zu deene Froe Positioun geholl huet, erlaabt mer, dass ech kuerz awer erklären, firwat een der Meenung ass als Regierung, dass et awer wichteg ass. Well et Méiglechkeete ginn.

An ech si perséinlech der Meenung, Här Pre-sident, dass eng Chamber, eng Regierung, e po-litesche System do ass, fir engem Bierger Fakul-téiten ze ginn. Engem d'Méiglechkeet ze ginn, dat heescht, dass en d'Recht kritt, eppes ze maachen. An net mir décidéieren, ob e Rechter soll hunn oder net, wann et Saache sinn, wou een individuell kann eng Entscheedung huelen.

Et géllt keng Wahlpflicht fir déi tëschent 16 an 18 Joer, et gétt eng Wahlméiglechkeet. Mir soe jo net... An ech zitëieren hei och de President vun der CSJ, deen och seet, dass se fir den Droit de vote vun 18 op 16 Joer erof ass. Ech muss lech éierlech gesot soen, dass ech vis-à-vis vun der ADRenalin - wa se nach esou heescht - a vis-à-vis vun der CSJ, wou jonk Leit sech engagéieren, fir Politik ze maachen, wou se Loscht hunn, fir sech fir eng aner Gesellschaft ze engagéieren, oder op jidde Fall fir déi Positiounen, un déi se gleewen, sech wëllen engagéieren, gesot kréien: Jo, mä mat 16 Joer hutt Der nach net déi Capa-citéiten, déi Kompetenzen, dat Wëssen, fir ken-nen ze wielen. Dat fannen ech traureg.

Ech wäert op jidde Fall an enger anerer Quali-téit, als President vun enger vun de Majori-téitsparteien, déi Proposition de loi, déi och den Deputéierten Eugène Berger gemaach huet, ënnerstëtzen. An déi Positioun, déi och de Marc Zanussi virdru geholl huet an eng Rëtsch vun Deputéierte scho geholl hunn, ën-nerstëtzen, well ech mer einfach soen, dass mer hei jo de Leit eng Fakultéit ginn.

Et muss keen! Deen, deen net wëllt, muss net goen. Mä deen, dee wëllt, deen, dee wëllt un der Demokratie deelhuele, deen, dee wëllt mat décidéiere kënnen, fannen ech et schued, wann ee géif duerno soen: Jee, mir sinn der Meenung, deen ass net amstand, dat ze maachen.

A ganz vill vun lech heibannen hu selwer och a Jugendmouvementer ugefaangen. A wa se da géife gesot kréien, jo, mä, da misst ee sech d'Fro stellen, firwat een iwwerhaupt scho mat 16 Joer an ee Jugendmouvemement kéint kommen. Well da kéint ee jo och soen, ab 18 Joer kanns de jo eréischt mat decidéieren, da misst de eréischt 18 Joer al sinn, fir kënnen matzemaachen.

An ech muss lech perséinlech soen, dass ech et do schued fannen - just als Erklärung, firwat mer als Koalitioun och der Meenung sinn, dass et wichteg ass -, engem eppes ze verbidden.

Da bei der Fro vum Auslännerwahlrecht. Ech nennen et net méi Auslännerwahlrecht. Ech kann et net méi héieren, dass déi ganzen Zäit vun „Auslännerwahlrecht“ geschwat gétt.

#### (Interruption)

Et ass en Awunnerwahlrecht, Här President. Et ass de Fait, dass een an engem Land wunnt. Et ass e Fait, dass een an engem Land Racinnen huet. Mä et gétt e risegen Ennerscheed, an hei gétt deen net gemaach, tëschent enger Natu-ralisatioun an engem e Recht ze ginn.

Dat eent ass eng Démarche, wou ech soen, a verschiddene Länner muss ech souguer meng Nationalitéit opginn, fir kënnen déi Lëtzebuergesch ze huelen, fir da vun deem Recht och ze profitéieren, dat déi Nationalitéit mer bréngt.

An hei ass en anere Prinzip, andeem ee seet, wann s du eng Rëtsch vu Konditiounen erfëlls - a se sinn zimlech streng: Et muss een zéng Joer hei wunnen, et muss ee schonn eemol matge-maach hu bei Wahlen -, dass een dann d'Méiglechkeet kritt, kënnen ze soen: Okay, ech wier awer interesséiert, ech bezeue meng Stei-eren hei, ech participéieren zum Wuel vun deem Land, ech deele mäi Liewen hei, ech liewen hei, firwat kéint ech net d'Méiglechkeet kréien, fir kënnen nieft där Participatioun, déi ech all Dag maachen, och eng Participation politique ze hunn, all fënnef Joer, fir kënnen bei de Wahle matzemaachen?

Ech wëll just soen, dass mer och als Land jo scho méi wäit ginn, wéi ganz vill aner Länner. Bei de Gemengewahle kann och scho jiddweree mat-maachen. A bei den Europawahlen, bei Maas-tricht. Ech wëll net un den Débat, Här President,

vun deemools erënneren, wéi d'Leit Angscht ge-maach kritt hu bei Maastricht, wat dann elo op se duerkéim, wien nach Buergermeeschter a Schäffen an de Gemenge kéint bleiwen, mat där Invasioun, déi mer elo géife kréien. Ech wëll just drun erënneren. Dat ass net geschitt.

An am Fong, hei imposéiere mer och kengem eppes. An et ass net, fir dann iergendengem eppes ewechzehuelen. Hei gétt jo gemaach, wéi wann een en Awunnerrecht géif schafen an am Fong deem aneren, deen elo d'Wahlrecht huet, eppes géif ewechhuelen. Dat ass och falsch, Här President, well am Fong maache mer do eng Fa-kultéit, fir dass deen, deen - ech soen et nach eng Kéier - eng Rëtsch vu Joren hei gelieft huet, och Rechter ka kréien.

An ech muss lech soen, dass ech da gesot kréien: Mir mussen d'Naturalisatioungesetzer änneren. Also wann d'Katarina Witt haut Cham-ber TV gekuckt huet, wäert se ganz neidesch sinn iwwer der CSV hir Pirouetten. Dat wor im-pressionnant, Här President.

#### (Exclamations)

Ech ka mech erënneren... Jo, mä d'Katarina Witt huet ganz vill Pirouettë gemaach, Ma-dame Arendt - Madame Arendt, ganz vill Pi-rouetten! -, an iwwert déi vun Ärer Partei haut, déi als progressistesche Partei gären aus dëser Chamber erausgeet, déi déi ass, déi seet: „Deen Délai ass ze laang an déi Konditioune sinn ze streng.“

Ech wor deemools als Deputéierten hei am Haus, wou d'CSV bei all Measure, déi komm ass, gesot huet: Et geet net wäit genuch, et muss méi streng sinn, et muss méi selektiv sinn, et muss méi schweier sinn, mir mussen de Krunn zoudréien. Ech ka mech ganz gutt drun erën-neren! An haut awer d'Bild ze ginn: Mir sinn déi, déi der Meenung sinn, et muss alles anescht ge-maach ginn.

Tant mieux, wann haut dat d'Positioun vun der CSV ass! An deemools, muss ech soen, Här Wi-seler, hat Der och net déi Roll, déi Der haut hutt an Ärer Partei. An ech si frou, wann Der dann d'Leit, op jidde Fall, an déi Richtung kritt hutt.

An nach eng Kéier: Erlaabt mer, Här President, déi jonk chrëschtlech-sozial Jugend ze zitëieren. Déi soe selwer: «La finalité du droit de vote pour étrangers, c'est la réduction d'un déficit démocratique qui ne cesse de croître.»

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Ech kann dat mat zwou Hänn ënner-schreiwen!

An d'CSJ huet vollkomme recht, Här President, wa se hirer Mammepartei seet: „Jo, mir sollen dat dote maachen, well mir woren deemools schonn, 2007, als CSJ Membres fondateurs de la plate-forme «refresh democracy!».“ Dat heescht, et kënnt net, et muss een net mengen, dass et e konservativen an net konser-vative Bord gétt.

Ech wëll och hei drun erënneren, dass den LCGB op sengem Kongress eestëmmeg fir d'Auslännerwahlrecht, also fir d'Awunnerwahl-recht gestëmmt huet. Eestëmmeg!

Ech wëll drun erënneren, dass een da ganz oft jo mengt, dass een da muss déi méi Conserva-tiv oder alles, wat dann éischer reliéis wier, dass do eppes dergéint wier. De Bëschof och huet en Appell gemaach, dass ee soll dat hei-ten ënnerstëtzen.

Dat rassuréiert vläicht elo net déi Lénk.

#### (Hilarité)

Mä ech wëll elo just awer soen, Här President, dass een hei net soll maachen, wéi wann et e méi konservative Bord géif ginn an e manner konservative Bord géif ginn. Hei geet et just drëms, d'Fro ze stellen, a wéi eng Richtung mer wëlle goen.

An ech hoffen, wéi gesot, d'Regierung, all Par-tei huet duerno hir Verantwortung ze iwwer-huelen. Dir wësst jo, dass dat heiten och kee Sondage ass. Well hei ass vu Sondagé geschwat ginn, wéi d'Leit deen een oder deen anere gutt fannen. Hei geet et drëms, dass de Bierger d'Méiglechkeet emol eng Kéier kritt an der Ge-schicht, ze soen: Jo, ech hätt gären, dass d'Land an dës Richtung geet, oder ech hätt gä-ren d'Land an déi aner Richtung. Dat ass säi Choix.

An da kommen déi zéng Joer fir Minister. Et mengt een, et wier eppes Neies. Et gétt et schonn an anere Länner. Et gétt vill driwwer diskutéiert. Ech fänken elo net un, ze zitëieren, wat da bei deem enge gesot gétt, dass et duerno éischer eng Monarchie bis gétt. Dat heescht, dass e Premier bal eng Monarchie ass, e Monarch ass. An dann, dass een op eng Kéier d'Distanz net méi hält vis-à-vis vu senger Aar-becht, mä dann ze vill Distanz hält, et cetera. Et gi ganz vill Argumenter.

Hei geet et just drëms, dass een der Meenung ass, no zéng Joer ass et wichteg, och e Chan-gement ze hunn. Ass et wichteg, och e Chan-

gement ze hunn. Ech sinn elo net den Affekot vum Här Wilmes heibannen, dee sech jo freeë géif, wann déi Measure séier a Kraaft géif trie-den, wa seng Partei nees an d'Regierung géif kommen. Mä hei geet et drëms, dass een ein-fach an enger Demokratie och Changementer brauch.

Virdrun ass hei gesot ginn: „Jo, et hänkt of, wéi séier ee schafft.“ Mir hu verschidde Ministeren, déi woren 30 Joer an enger Regierung zu Lët-zebuerg. 30 Joer!

#### (Interruption)

Jo, si si gewielt ginn! Si sinn demokratesch gewielt ginn als Deputéierten, wëll ech nach eng Kéier soen, net als Minister, mä als Depu-téierte gewielt ginn. An, ech mengen, no 30 Joer, also, wann ech... Ech hunn dëse Weekend mat engem Minister giess, e Premierminister am Ausland, an dunh hunn ech em gesot: „Weess de, mir hunn elo e Referendum zu Lët-zebuerg, do ass e Maximum vun zéng Joer an der Regierung.“ Du sot deen: „Bei eis, mengen ech, ass nach ni een, deen d'Halschent vun där Zäit gepackt huet!“

#### (Hilarité et interruption)

Dowéinst ass et, et ass kee Beispill, Här Pre-sident, fir elo ze soen, wéi laang et bei deem engen oder wéi laang et bei deem anere geet. Mä et ass...

#### (Interruption)

An erlaabt mer am Fong nach eng Kéier deen Artikel, deen d'CSJ zitëiert, hei nach eng Kéier ze zitëieren, Här President, well et geet hei ëm „refresh democracy!“. Dat heescht, d'Demo-kratie erfërreschen. An ech si perséinlech der Meenung, Här President, dass deen heite Refe-rendum eng Méiglechkeet ass. An ech si frou, dass och eng Majoritéit fir dee Schrëtt awer ass, dass mer iwwerhaupt d'Leit kënnen froen. Well déi Leit, déi haut Nee soen, sinn der Mee-nung, dass een iwwerhaupt d'Leit net soll froen.

Do sinn ech der Meenung, dass een awer éischtens sech soll freeën, dass mer déi Refe-rendumsfroen stellen. An et soll net en „one-shot“ sinn. Firwat net och an enger nächster Koalitioun sech soen, do sinn och nach Punk-ten. Et muss ee jo net d'Gefill hunn, dass, well et elo gemaach gétt, et ni méi soll kommen. Mir brauchen elo net all sechs Méint wielen ze goen. Mä firwat net och an enger nächster Koalitioun sech nees verschidde Froe stellen, wou ee sech seet: Firwat soll een do och net e Referendum organiséieren?

Här President, et geet ëm eng nei Constitu-tioun fir eist Land. Et ass e grouse Moment fir Lëtzebuerg. Domat gétt d'Zesummeliewen am Fong vun eiem Land nei definéiert. An et ass d'Geleeënheet, fir d'Fundamenter ze géisse vun enger moderner an zukunftsorientéierter Gesellschaft.

Mir wëllen dat zesumme maachen. Mir wëllen dat zesumme mat de Parteien, mat der Regie-rung, mam Parlament maachen, an do soll den Débat och an der Éffentlechkeet stattfannen. A mir sollen dës Punkten och maache mat en-gem Opdrag vum Vollek. Och dat, Här Presi-dent, ass den Ufank vun engem Émdenken hei zu Lëtzebuerg.

Et ass richtig an et ass och wichteg, dass et an engem Land kritesche Stëmme ginn zu dëse Froen, déi am Kader vum Referendum gestallt ginn. Mir froen net, dass 100% vun de Leit mam Kapp wénken a soen, Dir hutt recht. Mir brauchen d'Diskussioun an der Éffentlechkeet iwwer wat eist Zesummeliewe fir d'Zukunft och bestëmmt.

D'Regierung ass och ugetruede fir méi Demo-kratie bei den Décisiounsprozesser an am Dia-log mam Bierger. A mir gesinn dat, mir hunn dat gesinn, wou eng Rëtsch vu Ministeren och duerch d'Land gaange sinn, fir verschidde Pro-jete virstellen. Dat ass alles dat, wat mer nen-nen „méi Demokratie, méi Transparenz“, an duerfir steet och dës Regierung.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Statsminister.

Domat si mer um Enn vun eisen Diskussiounen ukomm. An ech géif proposéieren, dass mer elo iwwert d'Proposition de loi ofstëmmen.

#### **Vote sur l'ensemble de la proposition de loi 6738 et dispense du second vote constitutionnel**

Déi, déi dermat d'accord sinn, stëmme mat Jo, an déi...

► **M. Eugène Berger (DP).** - Dräimol Jo, Här President!

#### (Hilarité)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Bréngt mech elo net duerjerneen! An déi, déi net dermat d'accord sinn, stëmme mat Neen.

D'Ofstëmmung huet ugefaangen. Vote par procuration. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

Et hunn 58 Deputéierten direkt oder indirekt drun deelgeholl. Et waren der awer 59 präsent. 34-mol Jo, 24-mol Neen. Also ass d'Proposition de loi ugeholl.

*Résultat définitif après redressement: la proposition de loi 6738 est adoptée par 34 voix pour et 26 voix contre.*

*Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Alex Bodry), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Bras-seur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Ro-berto Traversini;*

*MM. Justin Turpel et Serge Urbany.*

*Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Ei-schen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Nancy Arendt), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Octavie Modert), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wise-ler), Serge Wilmes (par M. Gilles Roth), Claude Wi-seler, Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Laurent Zeimet;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Re-ding.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote?

#### (Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vum Ordre du jour, dat ass de Projet de loi 6600, an et geet dobäi ëm de Vëlospisteréseu. D'Rie-dezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an d'Rap-portrice, d'Madame Josée Lorsché, huet direkt d'Wuert.

### **15. 6600 - Projet de loi relatif au ré-seau cyclable national et aux raccor-dements de ce réseau vers les ré-seaux cyclables communaux**

#### **Rapport de la Commission du Développe-ment durable**

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rappor-trice.** - Merci, Här President. Ech si sécher, e Re-ferendum iwwer besser Vëlospiste géife mer direkt gewannen. D'Fro gétt awer net gestallt.

Dir Dammen an Dir Hären, wéi Der wësst,...

#### (Interruption)

...soll den net motoriséierte Verkéier bis zum Joer 2020 e Véierel vun alle Bewegungen am Land ausmaachen. Dat ass op alle Fall d'Zil, wat mir eis virun e puer Joer am Kader vun Mobilitéitskonzept MoDu gesat hunn.

Wa mer dëst Zil wierklech wëllen erreechen, musse mer Gas ginn, net am Auto, mä an der Aarbecht. Mir sinn nach wäit dovun ewech.

Nodeems viru 16 Joer en éischt Vëlospistege-setz a Kraaft getrueden ass, geet et haut net duer, un deem Gesetz erëmzepléischteren. Aus deem Grond huet de fréieren Nohaltegkeets-minister Claude Wiseler mat dësem Projet de loi méi e couragéierte Wee ageschloen, mam iwwergräifenden Zil, e Paradigmewissel an der Mobilitéitspolitik anzelauden. Dat heescht, d'Roll vum Vëlo opzewäerten an eben de Vëlo net méi prioritär an de Beräicher Fräizäit, Tou-rismus oder Sport unzesiedelen. Mat dësem Gesetzesprojet gétt de Vëlo als gläichberech-tegt Verkéiersmëttel unerkannt a soll am deeg-leche Beruffstrafic zum Asaz kommen, grad wéi fir vill aner alldeeglech Bewegungen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wann ee weess, datt 40% vun den Trajeten, déi an eiem Land zrëckgeluecht ginn, manner wéi dräi Kilometer hunn, an datt 13% vun deenen Trajeten nëm-men um Vëlo oder ze Fouss stattfannen, da kënnt een natierlech zur Konkusioun, datt am Vëlostrafic nach e groust Potenzial stécht. Na-tierlech muss et mobiliséiert ginn. Duerfir musse mer d'Konditiounen erfëllen.

Dat bedeit éischtens, datt souwuel d'Sé-cherheet wéi och d'Offer an awer och d'Quali-téit vun de Vëlosweeër verbessert musse ginn.





An zweetens, datt d'Vëlosnetz méi kohärent muss ginn, fir ze verhënneren, datt een ebe mam Vëlo iergendwou an der Pampa stoe bleift oder op enger geféierlecher Kräizung an net méi weess, wou de Wee weidergeet.

Et si grad déi Facteuren, déi entscheidend sinn, fir datt méi Leit op de Vëlo klammen. An et sinn och déi Moosnamen, déi d'Leit sech dobaussen um Terrain erwaarden, fir ebe just méi oft op de Vëlo ze klammen.

Ech verweisen an deem Kontext op eng Enquête, déi kierzlech am Opdrag vum Nohaltekeetsministère realiséiert ginn ass an déi geenee zu där doter Konkusioun koom. Esou vill zum generelle Kader vun dësem Projet de loi.

Ausgeschafft gouf e vum Groupe interministériel „Mobilité douce“, ënnert der Leedung vum Verkéiersbond, zesumme mat zéng weideren Akteuren, vun deenen ech besonnesch d'Lëtzebuerger Vëlosinitiativ wëllt erwähnen, déi säit Jorzéngten en haarde Match féiert, en onermiddleche Kampf fir d'Promotioun vum Vëlo, oft géint Wandmille kämpft an eise Respekt verdéngt.

Ech kéim dann zum konkreten Deel, an zwar zu den Aarbechten, déi nom Dépôt vum Gesetz stattfonnt hunn.

Nodeems de Projet, wéi gesot, vum Här Wiseler déposéiert gi war - den 30. Juli 2013 -, ass en nom Regierungswissel vum neien Nohaltekeets- an Infrastrukturminister François Bausch iwwerschaaft an ausgebaut ginn. An deem Kontext ass d'Zuel vun den Itinéraires vu ganzer 28, déi ursprénglech virgesi waren, op 41 eropgesat ginn, wat et erlaabt huet, zousätzlech 110 Kilometer auszeweisen.

Dem Minister - an dat wëllt ech betounen - ass et dobäi geziilt drëms gaangen, déi dräi grouss Entwécklungspôle vum Land méi vëlosfrëndlech ze gestalten an de Vëlo grad do, wou vill Aarbechtsplaze wäerten entstoen, an d'Alldagsmobilitéit anzeplangen a vun Ufank un ze integréieren.

Fir de Süden ass dat d'Regioun ronderëm de Site Belval, d'Nonnewisen an de Lallenger Lycée, mat enger Verbindung a Richtung Frankräich. Am Zentrum ass et éischters eng transversal Ost-West-Verbindung vun der Coque iwwert d'Rout Bréck bis op Märel hin, an zweetens eng Nord-Süd-Verbindung vun der Aktivitéitszon Houwald iwwert d'Stater Gare bis hin an d'Uewerstad an de Stater Park. A schliisslech am Norde fir d'Nordstad eng zentral Achs, déi vun Ettelbréck bis Dikrech-Gare a Campus Mer ten verleeft.

Alles an allem wäert d'Längt vum aktuelle Vëlosréseau, dee bei 600 Kilometer an eppes driwwer läit, méi wéi verduebelt ginn an eng Längt vun etwa 1.400 Kilometer erreechen. D'Lokalisatioun an de Verlaf vun den 41 Itinéraires fannt Dir a mengem schrëftleche Rapport grad wéi och op der Kartografie hannen op der leschter Säit.

Well d'Detailplanung nach net ganz ofgeschloss ass, ass et och schwéier, de Moment ganz prezis Kilometerzuelen ze nennen oder ebe prezis Streckeféierungen unzeginn. Dat wäert an Zukunft awer méiglech sinn. Woubäi ech wëllt betounen, datt d'Kritäre fir d'Ausweise vun engem Vëloswee an Zukunft méi flexibel wäerte ginn, fir op déi Manéier eben e Maximum vu Weeër erauszuschloen, souwuel national wéi kommunal.

Domat sinn ech bei de Gemengen, déi an dësem Gesetzesprojet eng grouss Roll spillen. Iwwert dëse Projet de loi ginn d'Gemengen encouragéiert, hir lokal Vëlosweeër un den nationale Réseau unzabannen, fir op déi Manéier méi Kohärenz an de Réseau ze bréngen. Fir eng deemtenspreechend Investitioun kann eng Gemeng mat enger Subventioun vum Stat vu bis zu 30% vum Total rechnen, woubäi d'Cellule mobilité douce vum Ministère de Gemengen och nach berodend zur Säit wäert stoen.

Dernieft bleiven d'Gemenge weiderhin zoustänneg fir den deeglechen Ennerhalt vun de Weeër, déi op hirem Terrain leien, während de Stat sämtlech Infrastrukturen aarbechten an déi direktiounell Beschëlderung vun de Vëlosweeër iwwerhëlt, vun all Wee, deem am Gesetz ausgewisen ass. Den nationale Réseau ass esou ausgeriicht, datt d'Bëschweeër, d'Feldweeër an d'Gemengeweëër an de Réseau kennen integréiert ginn, well déi Approche vill Opwand a Geld spuert. Dat heescht, et ginn net nëmmen nei Weeër gebaut, mä dat, wat do ass, gëtt esou wäit wéi méiglech profitéiert.

Fir d'Sécherheet ze erhéijen, an dat ass wichtig, sollen d'Vëlosweeër op groussen Achse generell vum Autostrafic getrennt ginn. An där Logik mussen op geféierlechen Nationalstroos-

sen a CRe speziell Iwwerquerunge fir de Vëlo entstoen.

D'Geféierlechkeet vun enger Strooss gëtt dee Moment op Basis vun der Visibilitéit, der Vitesse an der Densitéit vum Verkéier gemooss, woubäi d'Zuel vu 5.000 Véhiculen am Dag als Moosstaf festgehalen ginn ass. Dernieft wäert et och weiderhi méiglech sinn, gemeinsam Troncone fir de Vëlo an aner Verkéiersmëttel respektiv de Foussgänger auszeweisen. D'Modalitéiten an déi technesch Charakteristike vun den Infrastrukture ginn iwwer e Règlement grand-ducal définiert.

Ech kéim dann zu deene verschiddenen Avisen, déi zu dësem Projet de loi erakomm sinn.

Den Avis vun der Chambre des Salariés datéiert vum 12. November 2013, dee vun der Chambre de Commerce vum 22. November 2013, dee vun der Chambre des Métiers vum 23. Januar 2014. Déi dräi Beruffskummere stoungen dësem Projet de loi generell ganz positiv vis-à-vis, woubäi ënner anerem och de gesondheetleche Benefiss vun Vëlofuere als positive Facteur op d'Santé publique ervirgehuewe ginn ass.

De Statsrot war, wéi gewinnt, méi kritesch, fir net ze soe pëngelech. Säin éischten Avis datéiert vum 12. November 2013, säin éischten Avis complémentaire ass vum 7. Oktober 2014 a säin zweeten Avis complémentaire vum 19. Dezember 2014.

Well ech net op all Punkte kann agoen, déi am Kontext vum Avis vum Statsrot zur Diskussioun stoungen, wëllt ech just déi wichtegst ervirhiewen.

Den éischte Punkt betrëfft den Intitulé vum Gesetz, dee schonn direkt fir Diskussioun gesuergt huet. Ursprénglech ass rieds gaange vum «Réseau national de pistes cyclables». Dat huet dem Statsrot net gefall. De Statsrot huet drop higewisen, dass den Term «pistes cyclables» schonn haut zur Konfusioun géif féieren, well en am Sproochgebrauch eng aner Bedeitung huet wéi am Code de la Route a wéi an den internationale Reglementatiounen.

Fir deem Rechnung ze droen, ass am Intitulé dee méi neutralen Ausdrock «Réseau cyclable national» respektiv «Réseau cyclable communal» festgehalen ginn, während an den Article vum Gesetzestext den Numm „Itinéraire“ benotzt wäert ginn. Dat heescht, «pistes cyclables» ass net méi am Gebrauch, offiziell. Wat awer keen drun hënnere soll, weiderhi vun „Vëlospisten“ ze schwätzen.

De Statsrot war dernieft der Meenung, datt et net ubruecht wär, d'Promotioun vun der Mobilité douce am Titel ze erwähnen, well dëst virun allem eng Kompetenz vun de Gemenge wär. D'Kommissioun huet där Kritik Rechnung gedroen, huet awer bedauert, datt dem Titel domat eng gewëss Symbolik verluer gaangen ass.

En zweeten, vill diskutéierte Punkt waren d'Besëtzerhältnissen vun den Terrainen, iwwert déi e Vëloswee leeft. Hei huet sech d'Fro gestallt, ob et sech ëm eng Expropriatioun mat Recht op Entschiedegung géif handeln am Fall, wou de Stat eng Vëlosinfrastruktur op enger privater Propriétéit realiséiert.

Engem Uerteel vum Verfassungsgeriicht no ass dat prinzipiell de Fall bei allen Infrastrukturen, déi de Stat op Basis vun engem Gesetz fir éffentlech Zwecker baut. Alldéngs hunn d'Vertrieder vum Ministère eis verséichert, datt dee Problem sech an der Realitéit net stellt, well de Stat am Besëtzt ass vun den Terrainen, déi virgesi sinn, fir eng Vëlospist drop ze bauen. Fir déijéineg, déi nach a Privathand sinn, lafen d'Verhandlungen am Hibléck op de Kaf oder den Tosch vun deenen eenzelne Parzellen.

Wat dann de Gemengesector ugeet, esou besteet hei keng legal Basis, déi et géif erlaben, de Bau vun engem Vëloswee als Utilité publique unzëerkennen. Aus deem Grond falen an dësem Gesetzesprojet just déi staatlech Vëlosweeër an awer och d'Konnexioun vu kommunale Vëlosweeër un den nationale Réseau ënnert d'Bestëmmung vum éffentlechen Notzen.

Eng Dispositioun, déi weinst enger Opposition formelle vum Statsrot net konnt zréckbehalen ginn, war déi...

#### (Coups de cloche de la présidence)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wann ech gelift! Am Moment huet just d'Rapportrice d'Wuert.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.** - Merci, Här President.

Eng Dispositioun, déi weinst enger Opposition formelle vum Statsrot net konnt zréckbehalen ginn, war déi, d'Gemengen ze encouragéieren, hir sougenannten „points d'intérêt majeur“ un d'Vëlosnetz unzabannen. Dat hätt bedeit, datt zum Beispill Garen, Schoulen, Sportinfrastrukturen, touristesch Attraktiounen oder Aktivitéitszonen, grouss Geschäftsflächen an esou weider als Points d'intérêt majeur unerkannt gi wäeren.

Well et net méiglech ass, prezis Kritären ze definéieren fir esou Sitten, an d'Aschätzung vun der Wichtigkeet vun deene Sitten exklusiv an der Hand vun de Gemenge läit, huet d'Kommissioun decidéiert, dës Dispositioun erëm aus dem Text ze sträichen. Wat awer och hei net verhënnert, datt d'Gemengen dës sënnvoll Moosnam trotzdeem realiséieren an hir Schoulen a Sportshalen un de Vëlosréseau ubannen. Ech denke schonn, datt de Ministère deem positiv vis-à-vis steet.

Weider Detailler zu den Aarbechten an der Kommissioun fannt Dir am Commentaire des articles, deen eng ganz Rei Säiten a mengem schrëftleche Rapport féllt.

Zum Schluss wëllt ech de Membere vun der Nohaltekeetskommissioun e grouse Merci soe fir hir konstruktiv a sachlech Mataarbecht - et sinn och nach Amendementer ugeholl gi vun zwee Memberen, dem Här Engel an dem Här Hahn -, grad ewéi och der Madame Rachel Moris, eiser Sekretärin, déi eis ëmmer kompetent zur Säit steet. Merci dann awer och de Mataarbechter an de Mataarbechterin vum Nohaltekeetsministère an de Ponts et Chaussées. A besonnesch awer och dem Här Christophe Reuter, deen an dësem Dossier eng ganz grouss Verantwortung iwwerholl huet an eis Aarbecht vun Ufank u kompetent begleet huet.

Léif Kollegeinnen a Kollegeen, nodeems d'Nohaltekeetskommissioun mech de 25. Juni 2014 als Rapportrice genannt huet, huet se mäi Rapport de 4. Februar 2015 eestëmmeg ugeholl. Haut hat ech d'Freed, dee laang erwaarte Gesetzesprojet virstellen. An ech wär frou, wann net nëmmen déi gréng e géife stëmmen, mä Dir alleguer. Nëmme da wäert et méiglech sinn,...

► **Une voix.** - Dorun zweifelen ech awer!

(Brouhaha)

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.** - ...engem fréieren Transportminister definitiv ze beweisen, datt et an eise Land weder ze vill hiwweleg ass nach datt et an eise Land ze vill reent, fir mam Vëlo ze fueren.

Ech soen lech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madame Rapportrice.

Éischten ageschriwwene Riedner, dee scho prett ass, ass den Här Aly Kaes.

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ee vun eisen disziplinéiertsten Deputéierten.

#### Discussion générale

► **M. Aly Kaes (CSV).** - Ah! Hutt Der dat héieren!

(Hilarité)

Merci, Här President, fir déi léif Wieder. Dir hutt lech domadder e bësse revanchéiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt natierlech fir d'Éischt der Rapportrice an der Presidentin vun der Kommissioun Merci soe fir deen detailléierte schrëftlechen a mëndlechen Rapport.

Ech wëll dann awer och d'Geleeënheet notzen, fir am Numm vun der CSV der Lëtzebuerger Vëlosinitiativ, déi jo awer nu wierklech an deene leschte Joren och ganz vehement fir den Ausbau vun de Vëlospiste sech engagéiert huet, och hir hiren Engagement ze félicitéieren. An an der Zukunft soll se selbstverständlech deen Engagement weiderféieren.

Jo, Dir Dammen an Dir Hären, d'Vëlofuere gëtt ëmmer méi beléift. Wann ee bei eis och u sech nach net vill Leit gesäit, déi mam Vëlo op d'Aarbecht fueren, wéi dat an Holland, an Dänemark oder a villen däitsche Stied de Fall ass, jo, esou ass de Vëlo dach awer e populäert Sports- a Fräizäitmëttel hei am Land ginn, dat u sech vu ville Leit benotzt gëtt, fir sech fit ze halen. An et ass och eng gudd Geleeënheet, fir op eisen elo scho bestehende Vëlospisten, déi an eenzelne Regione méi dacks do si wéi an aneren, dach awer och als Famill e flotten Tour an d'Natur ze maachen.

Déi bestehend Vëlospiste sinn awer net nëmmen attraktiv fir déi Leit, déi hei am Land wunnen, si stellen och eng touristesch Attraktioun duer fir d'Leit, déi aus de Grenzgebiddern kommen, mä och besonnesch fir déi Leit, déi an eist Land, déi hei op Lëtzebuerg an d'Vakanz kommen an d'Schéinheeten ebe vun eise Land mam Vëlo wëlle kenneléieren. Déi éischt Vëlospiste sinn iwwregens vum Ministère du Tourisme finanziert ginn. Duerno si se deels vum Tourismusministère an deels vun den Travaux publics bezuelt ginn.

Wat d'Vëlofuere, fir op d'Aarbecht an d'Schoul oder akafen ze goen, ugeet, felt et nach ëmmer un deenen néidegen oder u villen

néidegen Infrastrukturen. Duerfir diskutéieren mer haut iwwer e Projet, mat deem d'Netz, dat scho besteet, ausgebaut gëtt a souwuel déi lokal wéi och déi regional Pisten an den nationale Réseau agegliddert ginn, fir domadder e kohärent Vëlosnetz hei am Land ze schafen.

Mat der Expansioun vun de Vëlospiste kréie mer also e komplett Vëlosnetz, dat duerch d'ganz Land féiert. Esou kann ee mam Vëlo oder och ze Fouss déi schéinste Plazen an eise Land erreechen. Dat setzt natierlech eng gudd Zesummenaarbecht tëscht alle concernéierte Parteie viraus. Wann alles gudd openeen ofgestëmmt ass, muss et méiglech sinn, och grad touristesch Kapital aus dëser Initiativ ze zéien.

Dir Dammen an Dir Hären, et sinn net nëmmen interessant Strecken a puncto Vëlotour, déi da geschafe ginn, si hunn och e volleksverbännende Charakter. Europa gëtt net nëmmen duerch seng gemeinsam Währung, Agrar- oder Sécherheetspolitik gebaut, Europa gëtt besonnesch duerch de Kontakt vun de Mënschen aus deenen eenzelne Länner gebaut. Grenziwwerschreidend Vëlospiste sinn duerfir sécher e flott Mëttel, heizou e Bäitrag ze leeschten.

Dëse Gesetzesprojet féiert net nëmmen zu engem kohärente Vëlosnetz hei am Land, mä erméiglecht och e gudden Uschloss, eng gudd Ubannung un eis dräi Nopeschlänner Däitschland, Frankräich an d'Belsch. Als positive finanziellen Nieweneffekt kann een nach soen, datt grenziwwerschreidend Vëlospisten och nach ganz kloer d'Ennerstëtzung vu Bréisel kréien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Rapportrice huet schonns déi wichtegst Bemerkungen zu dësem Gesetzesprojet virgedroen. Erlaabt mer trotzdem nach eng Kéier op e puer Punkten anzegoen.

D'Verbindungen an d'Stied an an d'Uertschafte si vill ze laang net genuch ausgebaut ginn. An och den éffentlechen Transport an eis Garen a Kombinatioun mam Vëlo wore bis elo ganz schlecht équipéiert. Mä fir en nationaalt a globaalt - fir en nationaalt a globaalt - Vëlosnetz ze entwéckelen, muss ee souwuel d'Garé wéi och d'Zentre vun de Lokalitéite ganz kloer mat abannen. De Réseau muss och an den Uertschafte fonctionnéieren, wann een net wëllt, datt de Vëlo just eben en Tourismus- oder Fräizäitsportmëttel ass.

Wéi am Gesetzesprojet geschriwwen ass, ass de Vëlo mëttlerweile e ganz wichteg Transportmëttel. An duerfir ass et ëmsou méi wichtig, datt a puncto Tracéféierung och eng ganz Rei vun neien Elementer ëmgëst ginn, wat dëse Gesetzesprojet jo och virgesäit.

Bon, als Gemengepapp interesséieren mech natierlech och d'Dispositiounen iwwert d'Gestioun vun de Vëlospisten. Hei gesäit de Gesetzesprojet vir, datt de Stat d'Piste baut, mä datt u sech d'Gemenge se sollen ënnerhalen. Dat heescht also, all Gemeng muss deen Deel ënnerhalen, deen op hirem Gemengenterrain läit. Ech kann also nëmmen hoffen, datt allegueren d'Gemenge mat deem néidege Pflichtbewusstsein un dës Aufgab eruginn an esou garantéieren, datt dat ganz Vëlospisten-netz an engem impeccablen Zoustand ass.

D'baulech Reparatüre gi selbstverständlech vun der Bauverwaltung duerchgefouert. Deement-sprechend sinn dann och d'Responsabilitéite verdeelt. Geschitt en Accident, zum Beispill duerch Erëmleien op der Pist vun Ascht oder Steng oder sinn Hecken net geschnidden oder aner Saachen, dann ass dat ganz kloer an der Responsabilitéit vun der Gemeng. Ass awer e Lach an dem Vëloswee oder gëtt et aner baulech Mängel, dann ass dat natierlech kloer d'Responsabilitéit vum Stat.

De Bau vun esou engem Vëlosnetz hei zu Lëtzebuerg ass u sech och noutwendeg, fir datt een deene Leit, déi, jo, déi sech mam Vëlo déplacéieren - an et ass schonn och virdu gesot ginn -, méi eng grouss Sécherheet ka ginn. Mam zouhuelende Verkéier ass et eng Tatsaach, datt de Vëlofuere respektiv de Foussgänger am schlechtesten ewechkënn. Duerfir ass et noutwendeg, datt mer e kohärent Vëlosnetz bauen, wou déijéineg, déi sech mam Vëlo an ze Fouss déplacéieren, dat an aller Sécherheet kënne maachen, ouni dauernd an der Gefor vun den Autoen an de Motorrieder ze sinn.

Hei muss een natierlech och soen, datt mer haut an där enger oder aner Stad, fir net méi prezis ze ginn, eng Rei Vëlospisten hunn, déi awer nu wierklech net den Numm „Vëlospist“ verdéngen, well dach awer duerch hir Tracéféierung och permanent d'Vëlofuere enorme Geforen ausgesat sinn. Wa mer also d'Mobilité douce wëlle fërderen an eescht hue-len, da muss mer eist Vëlosnetz an allen Hi-sichten attraktiv a sécher gestalten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eng aner Remarque wollt ech iwwert d'Émwelt-





moosname virbréngen. Et ass einfach noutwendeg ze soen, datt, wann een déi Vëlospiste schaaft an dozou bäidroen wëllt, jo, datt d'Mënsche sech méi an der Natur beweegen kënnen, ee leider feststelle muss, datt eng ganz Rei Projekte vum Ëmweltministère an der Ëmweltverwaltung erschwéiert, jo souguer verhënnert ginn. Jo, d'Fauna an d'Flora sollen a mussen geschützt ginn, dat an deenen néidege Proportionen. Et kann een awer alles iwwerdreiwen.

Bon, als Beispill wëll echlech u sech dee geplangte Vëloswee, de PC 23 vu Gilsdref op Veianen zitieren. Bon, eng wonnerschëin idyllesch Streck op der fréierer Eisebunn, dem Benny sengem Tracé. De Benny ass zu Fieren duerch en 150 Meter laangen Tunnel gefuer. De lokale Syndicat d'initiative an d'Gemeng Tandel wiere frou, wann an der Zukunft d'Vëloen an d'Foussgänger dësen Tunnel och kéinten notzen. Et wier ganz sécher och eng weider touristesch Attraktioun, ouni och op d'Sécherheet vun de Vëloen op där dach vill befuerener Kräizung, op d'Sécherheet vun de Foussgänger an de Vëloen do anzegoen.

Nun, zwou Fliedermais, déi do gesi gi sinn, hu laang Zäit dës Benetzung vun deem Tunnel a Fro gestallt. Fir mech, Dir Dammen an Dir Hären, einfach disproportionéiert. Mir hunn näischt, ech betounen, mir hunn an eiser Gemeng wierklech näischt géint Fliedermais, am Géigendeel!

**(Brouhaha)**

► **Une voix.**- Aah!

► **M. Aly Kaes (CSV).**- Zu Baastenduerf am Tuerm vun der Kierch - a lauschtert gutt! - heegen a fleege mer méi wéi 600 där Déieren! Et solle souguer ganz selte Rasse sinn. An eng vun de Rassen huet anscheinend an der Kierch do déi gréisste Populatioun hei am Land.

**(Brouhaha)**

Här Minister,...

**(Brouhaha)**

Här Minister, ech wolltlech hei nach eng kéier froen, ob deen Dossier dann elo wierklech deblockéiert ass, wéi Der mer dat viru Kuerzem eng kéier gesot hutt. Also, ech musslech éierlech soen, ech kann et nach ëmmer net esou richtig gleewen, mä ech sinn iwwerzeegt, Dir wäert herno...

**(Interruption par M. François Bausch)**

Dir wäert herno nach eng kéier dorop agoen an da vläicht dat, wat Der mer gesot hutt, nach eng kéier hei op der Chambertribün confirméieren.

Ech géif mer op jidde Fall wënschen, Dir Dammen an Dir Hären, datt déi ronn 1.400 km Vëlospisten, déi an deenen nächste Jore solle gebaut ginn, oder bis op 1.400 km Vëlospiste gebaut ginn, ënnert dem Respekt vun der Natur a vun den natierleche Ressourcë geschitt.

Da misst een awer och tëschent dem Bauteministère an dem Ëmweltministère e Modus Vivendi fannen, fir eng Infrastruktur ze schafen, déi en Niewenteneen a Mateneen tëschent Mënsch an Déier respektiv Natur erméiglecht. Eng Léisung muss ëmmer ze fanne sinn, déi déi zwou Säiten zefriddestellt, soudatt mer, jo, datt mer net nëmmen um Plang déi 1.400 km Vëlospisten hei am Land stoen hunn, mä datt mer se lues a lues och an d'Praxis kënnen ëmsetzen.

Dëse Gesetzesprojekt, Dir Dammen an Dir Hären, wäert villen Touristen a ville Lëtzeburger Fräizäitsportler méi eng flott Infrastruktur an Ofwiesslung a puncto Vëlospiste bréngen. Si kënnen hire Lieblingssport ënner bessere Konditiounen ausüben. Vläicht wäerten dann nach vill méi Leit Spaass um Vëlo kréien an domadder eppes fir hir Gesondheet maachen.

**(Coups de cloche de la présidence)**

A wie weess, vläicht denke mer ëm a vill notzen an der Zukunft de Vëlo fir op d'Schaff. Sollt dat geschéien, jo, dann hu mer wierklech eppes geschafft.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, aus all deem, wat ech eben elo hei virgedroen hunn, ginn ech selbstverständlech och den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojekt an ech soenlech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Kaes. Nächste Riedner ass den Här Roger Negri.

► **M. Roger Negri (LSAP).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, als Éischt wëllt ech der Présidente-rapportrice e grouss Merci soe fir hire exzellente schrëftlech a mëndlech Rapporten.

Haut stëmme mer iwwert d'Extensioun vum bestehenden nationale Vëlosréseau of, dat mat

dem éischte Gesetz vum 6. Juli 1999 iwwer 950 km sengerzäit vum deemolege Bauteminister Robert Goebbels initiiert gouf. Dovunner sinn der bis haut 600 km gebaut ginn an et kommen der elo nach eng kéier 1.100 km derbäi.

Ech wëll och hei am Kader vun eisen Aarbechten an der Kommissioun déi gutt Initiativ vun eisen zwee Kollege Georges Engel a Max Hahn ervirhiewen, déi extra Amendementer abuecht hunn, duerch déi dann am Ganze mer elo vun 38 op 41 Vëlospiste kommen. An ech fannen, dass dat eng gutt parlamentaresch Aarbecht ass.

Ech wëll awer nach e puer aner Zuelen nennen, déi och schonn deelweis genannt gi sinn, a se nach eng kéier kuerz rappeléieren.

Den Objektiv vum MoDu, MoDu-Konzept ass, dass bis zum Joer 2020 25% vun alle Verkéiersbewegungen hei am Land ze Fouss oder mam Vëlo realiséiert ginn. Wat déi restlech 75% vun de motoriséierten oder spéider och elektreschen Déplacementer ugin, esou sollen déi sech zu 25% op den ëffentlechen Transport an zu 75% op den Individualverkéier opdeelen, wat global gesinn heescht, dass 19% sech op den ëffentlechen Transport - Zuch, Tram a Bus - verdeelen a 56% op den Individualverkéier, also d'Autoen an d'Motoen.

Am Moment weist d'Mobilité douce, also mam Vëlo oder ze Fouss, awer just en Taux vun 13% op. An och, wéi scho gesot ginn ass, 40% vun den Trajete sinn ënnert dräi Kilometer laang. An do ass effektiv dann elo, wéi hei mam Projet de loi, de Vëlo gefuerdert. Wann een dovun ausgoe kann, dass en Trajet vu bis zu 750 m op d'Aarbecht oder soss enzwousch sech gutt ze Fouss maache léisst, esou ass doriwwer eraus de Vëlo bis zu dräi Kilometer wierklech dat ideaalt Transportmëttel, wann d'Konditiounen dozou stëmmen. Dozou spéider méi.

An d'Hauptkonditioun, déi et fir eis als LSAP ze erfëlle gëllt, ass, d'Sécurité vum Vëlosfuerer ze garantéieren, esou wéi mäi Virriedner, den Aly Kaes, dat och scho gesot huet. An dat geet am beschten, wann een net oder esou mann ewéi méiglech a Konflikt mam Autosverkéier kënnt. Dat geet am beschten, wann de Vëlo en site propre, oder anescht op Franséisch en site protégé op getrennte Vëlospiste fuere kann, dat souwuel iwwer Land wéi och an d'Stied eran.

Woubäi de geuerdnete Wee an d'Agglomerationen zu de Konnexiounen vu Stied an Dierfer besonnesch suergfalteg ze plangen ass, wéi zum Beispill duerch Zon-30-Beräicher. An hei si mer zefridden, dass de Minister François Bausch och zouginn huet, dass d'Zon 30 net, wéi bis elo, nëmme méi op Gemengestroosse méiglech ass, mä an Zukunft och op Statsstroossen, Chemins repris, CRen, an d'Lokalitéiten era méiglech ass.

E wichtige Punkt ass dat fir eis, well wann e CR queesch duerch eng Uertschaft féiert, ass fir den Autofuerer net ze verstoen, dass hei zum Beispill zwou verschide Vitessen an engem bestëmmte Quartier gëllen.

De Wëlle vun der Regierung, fir d'Vëlofueren ze promovéieren, gëtt ënner anerem och do duerch ënnerstrach, dass déi elo 41 Vëlospisten als Utilité publique deklaréiert ginn. Wann zukünfteg also e Propriétaire vun engem Terrain, no Verhandlungen, net domadder d'accord ass, fir säi Grond fir eng Vëlospist ze verlounen oder ze verkafen, da gëtt domadder d'Prozedur fir d'Expropriatioun an d'Weeër geleet.

Zum Stéchuert vu getrennte Vëlospisten um Site protégé wëll ech un dat exemplarescht Beispill vu Kopenhagen erënneren, wou vill Vëlospisten an der Stad selwer tëschent Strooss an Trottoir hir eege Pist hunn, also an der Mëtt dovunner, déi mat enger Bordure jeeweils getrennt ass a wou duerch e puer Zentimeter Héichtenënnerschied déi dräi Beräicher ënnerenee getrennt ginn.

Dat kann ee ganz gutt gesinn op där Foto, déi ech erausgeholl hunn aus dem Projet vum Règlement grand-ducal zu dësem Projet de loi, wou ee gesäit, dass do effektiv getrennte Sitte sinn, déi och nach e klengen Héichtenënnerschied hunn, fir dass jiddwereen och weess, op wat fir enger Säit en do ka goen. Dat gëtt genannt mat dem sougenannten „Copenhagen Lane“.

**(M. Roger Negri montre ladite photo à la Chambre des Députés.)**

Dass als Modell oft Kopenhagen zitéiert gëtt, huet ganz vill mat der jorelaanger exemplarescher Planungsarbecht vum Urbanist Jan Gehl ze dinn. De Jan Gehl ass haut 77 Joer jonk a säit e puer Joer schonn ee vun deene meeschte gefroten, sollicitéiertsten Urbaniste weltwäit. Hien ass et nämlech, deen haaptsächlech derfir verantwortlech ass, dass Kopenhagen an net allze laanger Zäit zu deem ginn ass, wat et haut ass, nämlech eng vun deene liewens-

wäerteste Stied weltwäit. An diversen internationalen Klassenmer vum de Wuelfill-Stied, vum Bien-être, Här Oberweis, placéiert sech Kopenhagen regelméisseg ënnert deenen dräi Éischten.

Fakt ass, wéi de Jan Gehl et och ëmmer erëm ënnersträicht, dass an deene véier Jorzéngten, wou dorunner geschaff ginn ass, déi den Émbau méi oder weëneger am Ganze gedauert huet, d'Awunner vun der dänescher Hauptstadt dësen ëmmer erëm gespuert hunn, duerch d'Chantieren, gespaarte Stroossen, Verkéiersëmledungen an esou weider, mä et huet een awer ni d'Stad doduerch souzese lahmgeleuecht, well den Émbau permanent a konsequent war an d'Leit och den Notzen, de Méi u Liewensqualität ëmmer erëm konkret virgefouert kruten.

D'Beispill Kopenhagen mat sengem Émland weist, dass et net nëmmen duergeet, vun de Leit ze verlaangen, einfach op de Vëlo ëmzeklappen; et muss ee fir d'Éischt déi néideg Infrastrukturen dozou schafen. Et muss een d'Bierger vun der Saach, vum Méiwäert vun der Saach iwwerzeegen.

Eng Mentalitéit ze änneren, ass, wann dat iwwerhaapt geet, nëmme ganz schwéier méiglech. A maache mer eis näischt vir: D'Lëtzebuerger Mentalitéit a Saachen Transport ass eng - fir et salopp emol auszedrécken - „Automentalitéit“! Vun engem Dag op deen anere gi mer also net zu enger Vëlosnatioun. An dat ass jo och net de But. Schonneleng aus topografescher Siicht ass dat hei net méiglech. Ech mengen, dat wësse mer alleguer. Et kann een also deemno och net alles matenee vergläichen.

A Saache Mobilité douce ass an eisen zwou gréisste Stied hei am Land, zu Lëtzebuerg an zu Esch, an deene leschte Joren an där Hüsicht scho ganz vill geschitt, fir de Vëlo an de Foussgänger weider ze promovéieren. De Verleihsystem vum vel'oh! ass e volle Succès. De Bewäis ass, dass d'Zuel vun de Vëlosfuerer ëmmer méi zouhëlt. E Succès sonner Zweifel.

Net vergiesse sollt een dann och, dass an all Zuch ee säi Vëlo gratis mat transportéieren däerf.

Mat dësem Projet de loi gi mer eis deemno d'Méiglechkeet, e Paradigmewissel a Saache Mobilitéit anzeleeden, vum Vëlo just fir de Spaass oder fir an der Fräizäit hin op de Vëlo als praktescht, alldeeglecht Fortbewegungsmëttel. Wat elo net heescht, dass jiddwereen hei zu Lëtzebuerg ëmmer alles soll mam Vëlo maachen. Zumindest kuerz- a mëttelfristeg, vläicht och souguer op laang Siicht ass esou eng Iddi total onrealistesche.

Realistesche ass awer, esou wéi et och am Rapport zum Projet de loi duergeluecht ass, Madame Rapportrice, fir déi infrastrukturell Basis ze leeën an d'Leit esou dozou ze animéieren, virun allem bei deene kuerzen Distanzen méi op de Vëlo zréckzegräifen. A besonnesch am Beräich vun de kuerzen Trajeten, bis zu dräi Kilometer, besteet wierklech en enormt Potenzial, fir d'Notzung vum Vëlo ze steigern an domadder den Undeel vun der Mobilité douce un allen Déplacementer ze verbessern.

Niewent der Zilsetzung vun der Steigerung vun der Mobilité douce ass fir d'Regierung d'Steigerung jo vum Notze vum ëffentlechen Transport déi Hauptprioritéit a Saache Mobilitéit, woubäi der Interkonnexioun vum ëffentlechen Transport an der Mobilité douce eng entscheidend Bedeutung zoukënn. Stéchuert multimodal Plattformen, also Garen an esou weider, wou - zum Beispill op Zuch- oder Bus-Garen, Park & Riden an esou weider - en Émsteige vum Auto op den ëffentlechen Transport bezéiungsweis vum ëffentlechen Transport op de Vëlo oder eng Kombinatioun vun allen Transportmëttelen schnell an effizient méiglech ass.

Fir de Vëlo bedeit dat, dass, niewent deene schonn ugeschwate Méiglechkeeten, dëse mam Zuch oder spéiderhin och mam Tram ze transportéieren, op deene multimodalen Échangeplaze genuch Plaze virgesi sinn, fir de Vëlo ofzustellen. Optimal ass et, wann op deene Plazen, wéi dat elo schonn op der Stater Gare de Fall ass mat deene sougenannten „M-Boxen“, och déi Vëlo securiséiert sinn, fir Volen a Vandalismus ze verhënnern.

Och ee wichtige Punkt ass, dass op deene multimodale Plattformen, esou wéi virdrun um Beispill vun der Stad Lëtzebuerg ënnerstrach, d'Méiglechkeet besteet, schnell an onkompléiert e Vëlo ze lounen.

Här President, de Projet de loi leet och e ganz grouss Wäert op de Sécherheetsaspekt. An internationalen Etüden an Émfroen, wéi zulescht nach déi vieregte Woch am Fahrradklimatest vum „Allgemeinen Deutschen Fahrradclub“, dem ADFC, wou iwwert d'Vëlosfrëndlechkeet vu Stied an eise Nopeschland sondéiert ginn ass, ënnersträchen déi Befroten ëmmer erëm, dass d'Sécherheet vu Vëlosweeër ee vun

deenen allerwichtigste Kritären ass, fir op de Vëlo zréckzegräifen oder och dann eben net.

Zum Thema Sécherheet ass dann awer och ze soen, dass, egal wéi, allgemeng mer eng nei Fierkultur am Verkéier brauchen. All Verkéiers-teilnehmer mussen sech bewusst sinn, dass si Rechter, awer och Flichten hunn, dass et Regele gëtt, un déi ee sech muss halen. Virun allem müssen déi Stärkst am Verkéier besonnesch Rücksicht op déi méi Schwaach huelen. Den Autofuerer muss de Vëlosfuerer a Foussgänger méi respektéieren. An och de Vëlosfuerer muss sech un d'Spillregelen, sprécht Verkéiersregelen aus dem Code de la Route halen.

A wann ech gesinn, dass vill Vëloen owes, besonnesch am Wanter, ouni hënnest Luucht dorëmmer fueren, dann ass dat och vum Vëlosfuerer net responsabel vis-à-vis vun engem Autofuerer, deen en ongewollt ustéisst, ouni derfir ze kënnen, mat awer oft fatale Konsequenzen!

An och fir de Foussgänger gëllt nach ëmmer, och um Foussgängersträifen no riets an no lénks ze kucken, ier en op d'Strooss trëppelt, an dat zu senger eegener Sécherheet!

Nëmmen am géigesäitege Respekt wäert et eis geléngen, den Individualverkéier mat der Mobilité douce am ëffentleche Verkéier mateneen erfollegräich ze verbannen.

An ech wëll och hei vläicht op e Beispill agoen. An deem Kader wëll ech och dem President vun der Vëlosinitiativ, dem Här Gust Muller, e grouss Merci soe fir déi vill Efforten, déi se an deene leschte Jore gemaach hunn am Sënn vun der Promotioun vum Vëlo. An déi ugeschwate Problematik ass, dass effektiv och virun allem op de Kräizungen, wéi ech elo scho virdru gesot hunn, op de Konfliktpunkte mat dem Vëlo an dem Auto opgepasst gëtt.

An notamment dat Beispill, wann den Tram elo gebaut gëtt, Här Minister, um Kierchbiereg respektiv op dem Rond-point Schuman, dass dann och un de Vëlo do geduecht gëtt.

An do géif ech dann och de Minister froen, ob en dann och dat an deem Kader mat virgesäit, zousätzlech zu der Tramstrasse, dass een och do mam Vëlo eriwuer ka fueren. Awer ech géif dorëm bidden, dat parallel ze maachen an net queesch doriwwer,...

**(Interruption)**

...well wann een eng kéier an déi Rill geréit vun enger Tramsschinn, dann huet dat oft fatal Folgen. An dofir, mengen ech, wär et gutt,...

**(Interruptions diverses)**

...wann ee géif dat virdrun och mat der Vëlosinitiativ nach eng kéier ofschwätzen.

Vill Leit oder Organisatiounen stinn der Weidentwécklung vum Vëlosfuerer hei zu Lëtzebuerg och am Alldag positiv géintiwwer. Oft aus engem bestëmmte Grond, aus urbanisteschen, gesondheetlechen, Ëmweltschutz oder nach och aus ekonomesche Grënn ruffe se dozou op, méi op de Vëlo zréckzegräifen.

Zwar ass all eenzelne Grond fir sech geholl scho Grond genuch, fir d'Promotioun vum Vëlo virunzedreiwen, mä am Endeffekt ass et sécherlech d'Zomm vun all dëse Punkten, déi mécht, dass dem Vëlo an Zukunft einfach méi eng grouss Roll am aldeeglechen Transport hei zu Lëtzebuerg zoukome sollen. Net ëmss nennen eis franséisch Noperen de Vëlo och nach „la petite reine“.

An deem Sënn géif ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn a soenlech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Negri. Nächste Riedner ass den Här Max Hahn.

**(Interruptions diverses)**

► **M. Max Hahn (DP).**- Här President,...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Jo.

► **M. Max Hahn (DP).**- ...mäi Kolleg Lex Krieps huet gemengt, ech dierft mech just vun deenen ënnerbrieche loosse, déi méi Vëlo géife fuere wéi ech!

**(Interruptions et hilarité)**

Dëst gesot, Spaass beisäit, Spaass beisäit, léif Kolleginnen a Kollegen, fir d'Éischt wëll ech der Rapportrice Merci soe fir hiren exzellente schrëftlechen an och mëndleche Rapport.

Och wann an der Fuesvakanz mat Sécherheet méi Lëtzeburger op de Schipiste wéi op de Vëlospisten ënnerwee waren, ass et onbestriden, dass d'Fërdere vun der Mobilité douce och hei zu Lëtzebuerg Sënn mécht. Ob mat de Schi oder mam Vëlo hors piste ze fueren, ass geféierlech!





► **Une voix.** - Awer schéin!

► **M. Max Hahn** (DP). - D’Rapportrice huet schonn déi wichtegst Zuele genannt; trotzdem kommen ech net derlaanscht, déi impressionnantsten ze widderhuelen, well si ennermaueren d’Wichtigkeet vun dësem Gesetz.

60% vun de Leit notzen den Auto an net de Vëlo fir Distanzen ënnert dräi Kilometer. An dobäi maachen déi Distanzen ënnert dräi Kilometer sater 40% vun den alldieglechen Trajeten aus. Wann een déi Zuel vu 60% Autosfuere op esou kuerze Strecken op 0% drécke géif, kéint een den Autosverkéier, oder besser gesot de Verkéierschaos op eise Stroossen ëm bal 25% verréngeren.

All véierten Auto géif op eise Stroosse verschwannen; dat géif fir manner Stauen, fir manner ëmweltschiedlech Ofgase suergen a gläichzäitig d’Loftqualitéit an d’Liewensqualitéit vun eis all erhéien. Net nëmme wier de Stressfacteur op eise Stroossen net méi esou grouss, mä och de Portmonni vu souwuel dem Vëlofuere wéi och dem Steierzueler géif massiv geschount ginn. Et ass jo schlisslech de Steierzueler, dee fir de Bau an d’Reparatur vun eise Stroosse muss opkommen. Ech mengen, dass d’Bierger, déi laanscht vill befuerde Stroosse wunnen, sech och net driwwer géife beschweieren, wann e bësse manner Trafic bei hinne wier.

Dës Zuelen, déi ech lech genannt hunn, schéngen bal ze schéin, fir wouer ze sinn. An awer huet et e gudder Grond, firwat dës Zuelen haut net Realitéit sinn. Wa mir nämlech wëllen, dass d’Leit hiren Auto stoe loossen an amplatze Vëlo benotzen, muss mir och d’Bedéngunge schafen, fir dass jiddwereen, deen de Vëlo als Verkéiersmëttel benotze wëllt, dat och sécher a bequem ka maachen. 23 bestehend Vëlospisten zu Lëtzebuerg iwwer 600 km ginn dofir sécherlech net duer!

Mat dësem Projet de loi ginn et der elo insgesamt 1.100, verdeelt op 41 Vëlospisten. Dat neit Gesetz ass deemno e Schrëtt an déi richteg Richtung. Et gëtt wesentlech méi attraktiv, de Vëlo och nieft der Fräizäit als alternativt Verkéiersmëttel ze benotzen.

D’Zuel aus enger rezenter TNS ILReS-Ëmfro beleet heibäi ganz kloer d’Potenzial vum Vëlo als Transportmëttel. 60% vun de Befroten hunn nämlech uginn, am leschte Joer mam Vëlo gefuer ze sinn an - an dat ass ganz wichteg -, dass si och an Zukunft nach verstärkt de Vëlo wëlle benotzen. 2014 wieren, laut deem Sondage, héichgerechent 325.000 Vëloen zu Lëtzebuerg ënnerwee gewiescht. Et brauch een allerdéngs kee Sondage, fir ze wëssen, dass de Confort stëmme muss, wann een en Ëmdenke bei de Leit wëllt erreechen.

Dëst neit Gesetz kann do awer nëmmen en éischte Schrëtt sinn. Et stelle sech nämlech nach eng ganz Partie Problemer a Froen, op déi d’Politik, besser fréi wéi spéit, eng Äntwert muss liwweren.

Déi éischt Fro, déi ech mir gestallt hunn, wéi ech déi enorm Zuel vun 1.100 km Vëlospist héieren hunn, war: Wéi laang dauert et wuel, bis déi fäerdeg sinn? Wann ee bedenkt, dass vun deenen 950 geplangte Kilometern, déi 1999 am ale Gesetz virgesi waren, der haut, also 16 Joer méi spéit, just 600 ëmgesat goufen, fänkt een un, liicht Zweifel iwwert d’Faisabilitéit vum aktuelle Projet ze kréien.

Här President, gëschter si gutt Frënn vu mir Eeltere ginn.

#### (Interruptions)

Ech hoffen, dass hiert klenkt Milla net muss waarden, bis et groussjäreg ass, bis et op deenen zousätzleche 500 km Vëlospist fuere kann.

Natierlech kënnen mir déi 500 km Vëlospist net all an engem Joer bauen. Ech mengen, dat liicht och jiddwereeng an. Dofir muss ee sech elo ganz kloer Prioritéite setzen, mat wat fir enge Vëlospiste mer wëllen ufänken. Dofir muss ee klären, wéi eng Vëlospisten deene meeschte Leit, an zwar esou séier wéi méiglech, d’Vëlofuere vun hirem Doheem bis op hir Aarbechtsplaz erméiglechen.

Do dernieft muss mir eis awer och d’Fro stellen, ob et net besser wier, all Joers e bësse méi am Budget fir d’Vëlospiste virzegesinn, fir dës esou méi séier ze bauen. Mir kéinten dann nämlech och méi séier vun hirem positiven Nieweneffekt, der Entlaaschtung vun eisem Stroossenetz, profitéieren, déi hirsäits jo och erëm zu finanziellen Aspierungen féiert.

Et geet awer net duer, nëmmen nei Vëlospisten ze bauen, Dir Dammen an Dir Hären, et muss derfir gesuergt ginn, dass de bestehende Ré-

seau richteg ënnerhale gëtt. E Vëloswee, deen nämlech net méi sécher ze befueren ass, zum Beispill weinst Réss am Belag oder Dreck, Bulli, Pill, Schnéi, Ais op der Pist, ass net nëmme geféierlech, mä féiert och dozou, dass vill Leit de Vëlo net als alternativt Verkéiersmëttel notzen.

Hei mussen och d’Gemengen an d’Flicht geholl ginn, fir zesumme mam Stat fir anstänneg a sécher Vëlospisten am ganze Land ze suergen. Ech muss dann awer och soen, dass d’Zesummespill tëschent de staatlechen Administratiounen an de Gemengen am Allgemenge besser muss ginn. Just esou kënnen mir méi effikass bauen an domat Zäit a Geld spueren.

Ech hu mat ville Gemengeresponsabele geschwat, an alleguer soe mir, dass d’Genehmigungsprozedur fir lokal Vëlospisten immens laang daueren, beziéungsweise, dass d’Dossiere ganz oft och net séier genuch traitéiert ginn.

Awer och de Belag vun enger Vëlospist ass ganz oft Grond fir Onmutt bei de Gemengen. De präiswäerte Makadam gëtt hei oft net zouge-looss, mat der Argumentatioun, dass e waasser-onduerchlässeg ass. Amplatze vum Makadam gëtt een da quasi forcéiert, méi deier Alternativen ze benotzen, déi awer bal kee Vëlofuere wëllt benotzen, obwuel den Drainage vun dëse vill méi deiere Belag och no kuerzer Zäit net méi funktionnéiert. Wat e Quatsch also!

An dat soen net nëmmen ech, dat soen och d’Experten. Deemno onnéideg Dépensen, méi Entretien, null ëmwelttechnesch Virdeeler, awer eng Haaptursach fir d’Netbenotze vum Vëlo als alternativt Verkéiersmëttel.

Et geet nämlech net duer, fir nëmmen den nationale VëlospistRéseau a Makadam ze bauen. D’Leit mussen och aus den Uertschaften eraus iwwer kommunal Vëlospiste confortabel op dëse Réseau kommen. Och innerhalb vun de Gemenge mussen d’Vëlospisten esou kënnen gebaut ginn, dass d’Bierger bereet sinn, de Vëlo als alternativt Verkéiersmëttel ze benotzen.

Als Beispill kann ech hei en Tour a menger Gemeng nennen, deen eis véier Dierfer matenee verbënnt an amgaangen ass fäerdeggestallt ze ginn. Dee wier och mam Vëlo befuehrbar, wann dann de Belag am Makadam wier. Et ka kee Mënsch sech virstellen, wat dat e Gedeesse ass, fir e Belag kënnen ze benotzen, deen och anschlissend vun de Bierger wäert benotzt ginn.

E richtigen a gudden Schrëtt ass et awer dann, dass mam neie Gesetz eng staatlech Bedeele-gung virgesinn ass, wann d’kommunal Vëlospisten un den nationale Réseau ugeschloss ginn. Dëst ass batter néideg, fir endlech e kohärent Netz ze kreéieren, fir dann effizient vun A op B ze kommen.

Ech appelléieren awer och hei nach eng Kéier un d’Verwaltungen, fir d’Genehmigungsprozeduren e bëssen ze beschleunegen.

Mir dierfen eis et awer och net ze einfach maachen. D’Vëlospisten eleng bewege wahrscheinlech déi mannste Leit, dës och nieft hirer Fräizäit als alternativt Verkéiersmëttel ze benotzen.

De Vëlo ass an de Käpp vun de Leit nach en Deel vun hirer Fräizäit an eben nach net e Verkéiersmëttel. Ech hunn et virdru schonn ernimmt, de Confort muss einfach stëmmen, an zwar vum Départ bis bei d’Zil. Och breet Trotoire mussen dem Vëlofuere kënnen zur Verfügung gestallt ginn. Ech mengen, dat ass eppes, wat mäi Kolleg, den Deputéierte Gust Graas, schonn des Éfteren an der Kommissioun opgeworf huet. Am Ausland kréie mir dat op ville Plaze virgemaach.

Dofir heescht et elo, d’Saach anstänneg ze plangen an och ëmzesetzen, an dat och bei Infrastruktursprojeten, déi net direkt e Lien zu dësem Gesetz hunn. Sou sollt all Stroosseprojet an Zukunft enger Aart Stresstest ënnerfalen, ob e wierklech mobilité-douce-frëndlech geplangt ginn ass an ob och un de Vëlofuere geduecht ginn ass. Ënner- an Iwwerféierungen vu Stroossen a vu Schinne solle wa méiglech vëlofrëndlech, also op d’mannst zum Deel och ouni Trape geplangt ginn. Esou Detailler sinn an der Vergaangenheet oft vergiess ginn a suergen haut fir vill Problemer, déi all Vëlofuere bekannt sinn.

Mir brauchen awer och eng kloer an eenheetlech Beschëlderung op de Stroossen an op de Vëlospisten, fir dass een direkt erkennt, wou een ass a wou een hi muss. Ënnerschiddlech Beschëlderungen irritéieren net nëmmen d’Vëlofuere, mä och d’Autosfuere. Ech denken hei och un d’Touristen an un déi Leit, déi net all Dag an eisem Ländchen ënnerwee sinn. Eist Land muss nämlech och fir d’Vëlostouristen nach vill méi interessant ginn.

Hei géif och eng Erweiderung a Verbesserung wéi och e bessert Promouvéiere vu bestehende Guiden a Kaarten, wéi de Guide vun der CFL oder och d’Kaart vun der Lëtzebuerger Vëloinitiative, e wichtegen Déngscht leeschten.

Wann ech vun der CFL schwätzen, denken ech och direkt un eng besser Ubannung vum Vëlo un aner Transportméiglechkeeten. D’Vëlos-

frëndlechkeet vun Zuch a Bus muss hei weider ausgebaut ginn. Ganz oft geet och ee Wagon am Zuch net méi duer fir d’Vëlofuere, an dat haaptsächlech am Summer. Bei nei geplangte Garé sollten d’Vëlofuere an d’Vëlofuere och direkt mat agerechent ginn.

Schlussendlech ass et och de Beruffstrafic, deen duerch dëst Gesetz entlaascht kéint ginn. Hei missten och onbedéngt d’Patrone méi mat agebonne ginn. An ech denken hei virun allem un d’Gemengen an un de Stat, mä natierlech och un de Privatsektor. Bei all ëffentlechem Gebai sollte Vëlostännere virgesi ginn. An deem Kontext kéint een och Elektroboren, fir Elektroautoen opzelueden, do virgesinn. Dëst wier souwuel en Déngscht fir de Bierger wéi awer och fir déi Dausende Statsbeamten, déi mam Vëlo op d’Schaff kéinte fuere.

Eppes, wat op deen éischte Bléck vläicht als witzeg oder iwwerflässeg empfongt kéint ginn, sinn Duschen op der Aarbechtsplaz. Ech schwätzen do aus Erfahrung, als een, deen am Summer quasi all Dag mam Vëlo an d’Stad gefuer kënnt. Bei kierperlechen Ustrengeunge kënnt een un d’Schweessen. Dat ass en natierleche Prozess. Ech sinn op alle Fall frou, dass d’Chamber eng Dusch parat huet an dass ech mech esou och nach virun enger Réunioun ka kuerz frësch maachen.

#### (Brouhaha)

Zum Schluss wëll ech dann awer och nach op en Detail an dësem Gesetz agoen. Ech hat an der Kommissioun eng Gesetzesëmännerung agereecht, fir eng zousätzlech national Vëlospist vu Käerjeng a Suessem iwwert d’Schuller Gare, d’Dippecher Gare a Bartreng an d’Stad ze schafen. Ech hunn dat gemaach, éischstens, well den urspréngleche Gesetzestext vum fréieren zoustännegen Minister Wiseler an deem Raum keng Vëlospiste virgesinn hat, an zweetens, well d’Distanzen an d’Topografie bis an d’Stad ideal sinn, fir dës mam Vëlo ze bewälte-gen.

D’Zil vun dëser Gesetzesëmännerung ass et deemno, dass och d’Awunner aus dem Süden iwwert d’Gemenge Suessem, Käerjeng, Dippech a Reckeng sécher a schnell mam Vëlo an d’Stad kënnen fuere. De Virdeel vun der zousätzlecher Vëlospist PC 38 ass, dass dës haut scho gréisstendeels besteet, an zwar duerch Feld-, Bëschweeër a kommunal Vëlosweeër. Et géllt elo nach Tëscheverbindungen ze schafen, de Pistebelag unzepassen an déi passend Beschëlderunge virzegesinn. Ech fuere 12 km vun dëser Streck haut schonn a 40 Minutte vu Betteng an d’Stad.

► **Plusieurs voix.** - Bravo!

► **Une voix.** - Et ass Verbesserungsfäeg.

► **M. Max Hahn** (DP). - Am Beruffstrafic...

Jo, et ass Verbesserungsfäeg, dat ass wouer, jo. Ech schaffen u menger Konditioun.

Am Beruffstrafic, léif Frënn, brauch een déi Zäit och mam Auto. Et ass allerdéngs net esou gesond, vill méi stresseg a méi ëmweltschiedlech. Hëllef fir deen optimale Verlaf vun dëser Vëlospist krut ech vum Arsène Berger, dem Nico Roob an dem Camille Hierzig, deenen ech op dëser Plaz wëll Merci soen.

Confirméiert krut ech meng Gesetzesëmännerung souwuel vun der nei geschafener Cellule de la mobilité douce, mat virop dem Här Christophe Reuter, awer och ganz grouss Ënnerstëtzung krut ech vun der Lëtzebuerger Vëloinitiative, mat virop hirem President, dem Gust Muller, deenen ech och Merci soe fir hiren Asaz am Intérêt vun de Vëlofuere, am Intérêt vun der Saach.

Dës Gesetzesëmännerung ass dunn eestëm-meg an der zoustänneger Chamberskommissioun ugeholl ginn. No Réckspreech mat der Famill Didier-Diederich soll dës zousätzlech Vëlospist no der Pëtenger Vëlolegend Bim Diederich benannt ginn. Ech sinn dofir och ganz frou, d’Carole Didier heibannen ze hunn an him soen ech da Merci. D’Carole Didier ass net nëmmen d’Enkelin vum Bim Diederich, mä och d’Meedche vum Lucien Didier an d’Schwëster vum Laurent Didier.

► **Une voix.** - Wonnerbar!

#### (Interruptions diverses)

► **M. Max Hahn** (DP). - Vëlofuere attraktiv maache fir Fräizäitzwecker an als alternativt Verkéiersmëttel, am Ausland kréie mir gewisen, wéi dat geet an dass et geet. Dëst Gesetz gëtt eis d’Méiglechkeet, dës Attraktivitéit och hei zu Lëtzebuerg ze kréien an ass immens wichteg, fir d’Verkéierssituatioun zu Lëtzebuerg ze verbesseren. Eis Stroossen, eis Nerven, eis Gesondheet, eise Portmonni, virun allem awer och eis Ëmwelt packen de Status quo a Schlëmmes net méi laang.

E bessere Réseau fir Vëlofuere a Foussgänger ass e Schrëtt an déi richteg Richtung. Dofir ginn ech am Nimm vun der Demokratescher Partei eisen Accord zu dësem Projet de loi.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Max Hahn** (DP). - Ech hoffen awer och, dass meng Bemerkungen, wat een nach alles am Sënn vun de Vëlofuere verbessere kéint, net op daf Ouere gestouss sinn.

Ech soen lech Merci fir d’Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Merci och dem Här Hahn. Nächst Riedner ass den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR). - Villmoos Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn den Androck, dass schonn e puer vun den Aspekter zimlech intensiv belicht gi sinn elo hei vun de Vëlospisten. Dofir wëll ech mech op e puer Kommentaren am Nimm vun der ADR beschränken.

Deen éischten ass e ganz härezeleche Merci un eis Rapportrice, déi jo eis de Projet ganz gutt presentéiert huet, an och un all déi, déi beim Projet matgehollef hunn, a selbstverständlech och der Vëloinitiative an anere begeeschterte Leit an deem dote Beräich. Ech mengen, op déi Manéier hu mer e ganz interessante Projet hei leien.

E puer Bemerkungen awer.

Et muss een awer wëssen, a wéi engem Exercice mer eis hei befannen. Et ass sécher, an der Motivatioun hei vum Projet de loi ass gesot ginn, dat wär dann, fir eng Infrastruktur ze maachen, dass ee kann déi kuerz Distanzen do um Vëlo zrëckleeën, Trajets domicile-lieu de travail, Courses ménagères an esou weider an esou virun. Dat ass awer net deen Exercice, an deem mer elo hei wierklech sinn. Ech mengen, déi Vëlospisten, déi geplangt sinn, dat si Pisten, déi uechtert d’Land ginn, dat si fir déi mannste Leit de Wee op d’Aarbecht oder de Wee bis an d’Épicerie oder de Wee bis an d’Crèche. Dat ass en aneren Exercice.

Wat mer hei maachen, dat ass u sech eng Verbesserung vun der sportlecher an der touristescher Infrastruktur vum Land. Dat anert gëtt et sécher, awer dat mécht e kleng Prozentsaz aus vun deenen Trajeten, déi wierklech kënnen remplacéiert ginn. Wann d’Leit moies den Auto huelen, huele se den Auto aus Sécherheetsgrënn, wa se mat Kanner ënnerwee sinn. Si huelen e vläicht och, well einfach d’Verkéisersituatioun iwwerhaapt net géegent ass, fir de Vëlo ze huelen. Si huelen en och weinst dem schlechte Wieder. An ech ka mer kaum virstellen, dass fir ganz vill Coursen elo hei déi nei Vëlospisten en Auto wäerten ersetzen.

Mä ech mengen, dat hënnert eis net drun, dass mer eis domat d’accord erklären, dass d’Vëlospisten hei am Land ausgebaut ginn. Dat ass eng richteg Initiativ. Mä et muss ee wëssen, firwat een et mécht.

Mä wann ee seet, et ass ganz kloer och eng Verbesserung vun de sportlechen an touristeschen Infrastrukturen, dann heescht dat och, dass dat muss e Gesamtkonzept sinn. Et ass éischstens emol kloer, an dat ass scho gesot ginn, wéi bal alles scho gesot ginn ass, mä dass d’Beschëlderung op deene Strecken ganz wichteg ass, dass Guiden existéieren, dass eng och international Ubannung vun deene Pisten existéiert, fir dass se och kënnen touristesch wierklech benotzt ginn. Deen Abléck ass et wierklech e Plus fir eis alleguer an och fir den Tourismus hei am Land.

Dat Zweet, wat mer wëlle soen, ass, dass bei neie Stroosse vun Ufank u sollen och d’Vëlospiste mat agerechent ginn an d’Emprisen och direkt sollte geholl ginn, fir ze erméiglechen, net nodréiglech mussen deier Pisten dann ze bauen.

Dat Drëtt ass, dass ee soll kucken, fir sécher Vëlospisten ze maachen. A sécher Vëlospisten heescht och, bei deene Gelänneren a Sécherheetsmoosnamen, déi laanscht d’Piste getraff ginn, keng geféierlech Virrichtungen opze-richten. Heiansdo, wann ee mam Vëlo ënnerwee ass, da freet ee sech, ob et net ganz geféierlech wär, op verschide Gelänneren ze falen, déi awer elo laanscht d’Vëlospisten existéieren.

Mir wëilten och insistéieren, dass, wann et scho Weeër ginn, déi kënnen benotzt ginn, Landstroossen, also des Chemins forestiers, ruraux, vicinaux, déi kleng Weeër, déi et gëtt, dass déi wa méiglech och sollte benotzt ginn, fir se zu Vëlostrecken auszubauen oder ëmzebauen, an net dass, wann et scho Weeër gëtt, fir dann nach en zweeten derniewent ze bauen. Ech mengen, och dat ass eng rational Notzung deen Abléck vun der Landschaft, op dee muss opgepasst ginn.

Mir géifen och da recommandéieren, dass mer déi geféierlech Saachen, déi am Abléck existéieren, iwwerpräwen, wéi zum Beispill d’Er-laabnis, dass d’Vëloe kënnen géint d’Fahrt-richtung a Stroossen eraufueren. Mir hunn dat op e puer Plazen am Land, an et ass fir den Autosfuere wéi fir de Vëlofuere eng ganz désa-gréabel Surprise, wann een an eng geféierlech





Situatioun erageréit, wann een ëm eng Kéier gefuer kënnst oder esou. Dat sinn Entwécklungen, déi an deene leschte Jore geholl gi sinn. An ech mengen, dat sollt een iwwerpräiwen. Ronn 5% vun de Schwéierverletzten oder vun den Doudege si Vëlofuerer oder Foussgänger.

**(Interruption par M. François Bausch)**

Jo, mä bestëmmt och dorënner. Ech soen net, dat se alleguer...

**(Interruption par M. François Bausch)**

Gutt, mir diskutéieren dat, Här Minister. Ech streiden elo net mat lech iwwert déi 5%.

Op jidde Fall, mäin Argument ass, datt et geféierlech ass fir Vëlofuerer, fir kënnen a Géig Richtung ze zirkuléieren. An dofir bieden ech lech, dat ze iwwerpräiwen, well dat ass, wéi gesot, bei deem Prozentsaz, bei deenen Doudegen oder Schwéierverletzten, déi Vëlofuerer sinn, wahrscheinlech eng vun den Ursachen.

Dann d'selwecht. Et misst een da kucken, wann Dir an Ärem Projet de loi de Réseau hei beschreift, Här Minister, de Réseau beschreift, deen Der wëllt bauen, da stellt sech awer d'Fro vum Gesamtkäschtepunkt. Mir hunn an deem Projet de loi net gesinn, wéi de Gesamtkäschtepunkt sech zesummesetzt a wéi héich e sech beleeft. A mir wäre ganz frou, vun lech Erklärungen ze héieren, wéi deier deen dote Projet gëtt an a wéi engem Zäitraum en da soll realiséiert ginn. Genaousou wäre mer och frou gewiescht, wann et méiglech gewiescht wär, fir de Gemenge méi wäit entgéintzekomme fir déi Subventionéierungen, déi virgesi sinn.

Da vläicht nach ee Kommentar iwwert den Zoustand vun de Vëlospisten. Et ass jo hei vun e puer Virriedner gesot ginn, wéi d'Zoustännegkeete verdeelt sinn tëschent de Gemengen an dem Stat, wat d'Vëlospisten ugeet. Et schéngt eis awer wichteg ze sinn, well mir wësse jo, ech mengen, déi Leit, déi Vëlo fueren, wëssen et ganz gutt, datt verschidde Gemenge sech net ganz intensiv mat der Instandhaltung vun de Vëlospiste beschäftegen.

Duerfir ass et wichteg, e Modus Vivendi ze fannen tëschent de Ponts et Chaussées an de Gemengen, fir ze kucken, wéi een dat do ka wierklech géierieren. Well wa mer wëllen en touristeschen Atout an eben e sportlechen Atout aus deene Piste maachen, musse se an engem gudden Zoustand bleiwen.

Voilà, dat ware vun eiser Säit aus nach e puer Bemierkungen zu deem Projet. Mä dat gesot, gi mer och ganz gär den Accord vun der ADR dofir. Villmools Merci.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Kartheiser. Nächsten a leschte Riedner ass den Här Justin Turpel.

Ech hoffen, dass de Mikro un ass. Da soen ech et nach eng Kéier: Leschte Riedner ass den Här Justin Turpel.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Merci, Här President. D'Zäit leeft nach ëmmer vum Här Kartheiser hei. Bon, okay, soit.

Wéi 1989 den Transportminister Marcel Schlechter zu der nach jonker Vëlosinitiativ an hirem nach jonke President gesot huet, un d'Häerz geluecht huet, d'Vëlosweeër op sonndes moies ze beschränken, dunnt ass d'Vëlofueren nach ëmmer als Fräizäitaktivitéit an als Sportzäitaktivitéit ugesi ginn.

Haut ass d'Vëlofueren, am Géigesaz zu deem, wat d'ADR mengt, net nëmme méi eng Fräizäitbeschäftegung, mä mir wëssen, datt d'Vëlofueren an d'Zefoussgong gesond si fir de Mënsch a fir d'Natur. An ech mengen, d'Vëlosinitiativ huet an all deene Jore ganz vill dozou bäigedroen. D'Mobilité douce, dat heescht d'Vëlofueren an d'Zefoussgong, ass ee wichtige Bestanddeel gi vum Fortbewege vum Mënsch. An dee Bestanddeel soll ausgebaut ginn.

Duerfir brauche mir, an ech mengen, doriwwer schéngt jo dann hei eng Unanimitéit an deem Sall ze sinn, duerfir brauche mir e Vëlosnetz, wat kohärent ass, wat zesummenhängend ass, mat deenen noutwendegen Iwwergäng, wat ouni Ëmweeër vun där engem op déi aner Plaz féiert, souwuel iwwer Land wéi och an de Stied. Ech wëll soen, datt een dacks Ëmweeër muss maachen, déi wierklech een discouragéieren, fir bestehend Vëlospisten ze notzen. An dorunner muss geschafft ginn.

Mä, wéi seet de Richard Graf an engem Kommentar op RTL den 20. Februar: Alles dat kënnst „25 Joer ze spéit!“. An e seet et net mat Fragezeichen, mä e seet et mat Ausrufezeichen. Duerfir, mengen ech, solle mer driwwer nodenken, wat ee muss maachen, fir dat Zil, wat mer eis ginn hunn, ze erreechen, nämlech fir bis 2020 den Undeel un der Mobilité douce op emol 25% - do si mer nach wäit ewech vun deene 40 - vum Verkéier auszubauen. Dat heescht, fir d'Mobilité douce, d'Vëlofueren an

d'Zefoussgong, méi wéi ze verduebelen innerhalb vu fénnef Joer, wat eng Zilsetzung ass, déi wäit geet an déi heescht, datt ee ganz schnell misst maachen.

D'Virussetzung derfir ass awer net nëmme, datt een et fäerdegbréngt, fir aus 600 km Vëlosnetz der 1.100 ze maachen. Mä d'Virussetzung ass, an ech wëll op e puer Saachen hiweisen, fir mech och eng haaptsächlech vun der Sécherheet. Ech mengen, d'Sécherheet ass ee vun den Haaptaspekter, déi vill Leit dovunner ofhalen, fir de Vëlo ze huele fir deeglech Bewegungen och ënnert dräi Kilometer.

Mir wëssen, datt sécherlech méi Accidenter op de Schipiste geschéien, wéi beim Vëlo. Mä et geschéien net keng Accidenter beim Vëlo an et besteet eng gewëssen Angscht, haaptsächlech do, wou gemëschte Verkéier ass, dat heescht, wou de Vëlofuerer forcéiert gëtt, fir seng Strooss oder säin Trottoir mam Foussgänger ze deelen oder souguer mam Auto ze deelen. An déi gemëschten, dat heescht, déi net getrennte Pisten hale vill Leit vum Vëlofueren of.

An ech mengen, datt mer dat Zil vun der Verduebelung vun de Bewegungen nëmme kënnen erreechen, wa mer et wierklech fäerdegbréngen, ofgeséichert, getrennte Pisten ze maachen, déi dem Vëlofuerer kuerz Weeër erlaben an net laang bei roude Luuchte mussen ze halen. Dat ass op jidde Fall eng Virussetzung, déi immens wichteg ass, déi schonn hei ervirgestrach ginn ass, mä déi ech onbedéngt wëll ënnersträichen, well mer wëssen, datt dat soss net wäert funktionéieren.

En anerem Aspekt ass natierlech dee vun der Rücksicht, vun der géigesäiteger Rücksicht, vun der Rücksicht vun den Autosfuerer op d'Vëlofuerer. An dat ass net ëmmer evident. Ech mengen, duerfir bräicht een och zousätzlech Moosnamen, fir plazeweis den Autosverkéier ze bremsen, beispillsweis ronderëm d'Schoulen.

Ech mengen, mir missten et fäerdegbréngen, ronderëm eis Schoulen Zonen anzerichten, wou den Auto nëmme 20 oder 30 maximal fiert, oder emol wierklech wéi an Amerika e Perimeter maachen, wou während gewëssenen Zäite keen Auto fiert. Well soss wäerte vill Eltere sech net trauen, hir Kanner mam Vëlo an d'Schoul fueren ze loosse, an d'Loscht, mam Vëlo ze fueren, an och um Zefoussgong, soll um Schoulwee ugoen. Ech sinn der Meenung, datt d'Kanner ee Recht hunn op ee Schoulwee. A mir hunn d'Flicht, fir hire Schoulwee esou ofzesécheren, datt se deen ouni Gefor kënnen maachen.

Rücksicht heescht awer och, ass och eng Saach vu Géigesäitegkeet. Mir wëssen och, datt vill Vëlofuerer, déi sech méi - loosse mer soen -, méi à l'aise fillen, ganz dacks - an dat mierkt een am Stadverkéier, mä och am Landverkéier - einfach versichen, sech eng Prioritéit ze ginn, déi d'Regele vum Verkéier hinnen net erlaben. Duerfir ass et wichteg, datt mer kloer Regeln hunn, datt mer géigesäitege Respekt hunn, datt mer och baulech Moosnamen hunn, fir Konflikter ze évitéieren. An do pochen ech nach eng Kéier op esou wäit wéi méiglech getrennte Pisten.

Mir mussen eis awer och d'Fro stellen, ob mer net sollen, wéi dat emol eng Kéier ee Verkéiersminister virdru genannt huet, deen och heisetzt, een „Code du vélo“ maachen, wouërner ech mer virstellen, datt mer am Code de la Route d'Rechter vun de Vëlofuerer méi kloer definéieren, awer och d'Flichte ganz kloer ervirsträichen.

Dat gesot, heescht dat, mir mussen ee Mentalitéitswiessel hunn, fir dat Zil do ze erreechen, souwuel bei den Autoritéiten op allen Ebenen - um Niveau vun de Gemengen, um Niveau vum Stat, um Niveau vum Städtebau, um Niveau vum Landesbau - wéi och bei de Verkéiers-Teilnehmer, a jiddwerengem am Verkéier op der Strooss déi Plaz ginn, déi hie brauch, fir virunzekommen. An do ass et kloer, datt een dee schwache Partner muss schützen, an duerfir brauche mer déi getrennte Pisten, iwwert déi hei schonn e puermol geschwat ginn ass, déi net an alle Plazen am Projet dra sinn.

An ech géif et wichteg fannen, datt de Minister eis géif soen, wéi mer an där Hisiicht virukéimen, fir de Leit och dat Gefill ze gi vu Sécherheet, wat se brauchen, fir esou massiv op de Vëlo ze klammen, wéi et wierklech gutt ass fir de Mënsch an d'Natur.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Turpel. An d'Wuert huet den Här Nohaltegeektsminister, de François Bausch.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Merci, Här President. Fir d'Éischt emol en décke Merci un d'Madame Rapportrice fir hire gudde mëndlechen a schréffleche Rapport a selbstver-

stänndlech un alleguerten d'Riedner vun haut de Mëtteg. An natierlech dann och e grouse Merci fir déi grouss Unanimitéit, déi sech hei ofzeechent par rapport zu deem Gesetz. Ech mengen, dat ass e gutt Zeechen, fir datt mer och déi néideg politesch Ennerstëtzung hunn, datt mer déi 25%, déi am MoDu drasti fir d'Mobilité douce, kënnen erreechen.

Ech wollt och e Merci soen u mä Virgänger, deen hei de Projet déposéiert hat a senger éischter Fassung, an deen ech zwar op enger ganzer Rei Punkten net geännert hunn, mä der éischter nach dropgetässelt hunn. Dat kount deelweis duerch Recommandatiounen vum Statsrot, mä deelweis natierlech och vu Saachen, déi mir eben um Häerz louchen, well dat Saache waren, déi ech och vu menger, loosse mer soen, Vergaangenheet hier a menger Roll, déi ech hat politesch virdrun op enger anerer Platz, als wichteg empfongt hunn. Mä alles dat zesumme mécht, huet gemaach, datt mer, mengen ech, elo e gudde Projet hei kritt hunn, dee mer och wéi gesot unanime jo wäerten hei stëmmen.

Et ass virdru vum Max Hahn gesot ginn hei, datt d'Autofuerer sech am Fong sollte freeën driwwer, wann esou vill Vëlospiste gebaut ginn, an datt dat e grouse Bäitrag wier och, fir datt mer d'Stroosse géifen entlaaschten. An ech sinn em dankbar fir déi Remarque, well ech wollt souwisou domadder ufänken. Well ëmmer erëm, wann ech iergendwou eppes schreiwen oder iergendwéi op soziale Medien eppes poste ronderëm de Vëlo, da kommen ëmmer erëm där Remarques: Wat soll dat Ganzt do iwwerhaapt? D'Vëloen hënnere just d'Autofuerer!

Bon, onofhängeg dovunner, datt dat eng komesch Attitüd ass, wann ee mengt, de Stroosse-raum wier just do fir den Auto an net fir aner Verkéiersteilnehmer. Mä et ass och grondsätzlech falsch! Well effektiv all Vëlo, dee mer méi am Stroosseraum oder op enger Vëlospist hunn, dat ass en Auto manner a léisst Plaz fir déijéineg, déi den Auto wierklech brauchen.

Duerfir sollen déi Autofuerer, déi den Auto wierklech brauche respektiv déi elo nach vläicht net drun denken, well se och verschidde Saachen nach net esou richtig vläicht - loosse mer soen - an hirem Bewusstsein matkritt hunn, wat fir eng Virdeeler datt de Vëlo ka bidden, déi sollen duerfir immens frou sinn iwwer alles dat, wat gemaach gëtt fir de Vëlo, well dat ass an hirem eegenen Intérêt, wa se wëlle mam Auto fueren.

An och déi sougenannten „Vëloskultur“, wou ëmmer gesot gëtt, Lëtzebuerg hätt do eng spezifesch Situatioun, mir hätte schlecht Wieder, mir hätten eng schrecklech Topografie fir de Vëlo, mir géife souwisou ni op en Niveau komme vun den Hollänner a vun de Belsch, do wollt ech éischters emol soen, datt dat net richtig ass, well et gëtt Länner a Stied, do ass zum Beispill de Klima vill méi brutal wéi zu Lëtzebuerg.

Wann ech Kopenhagen huelen, do ass de Wenter vill méi brutal wéi bei eis. Et läit méi Schnéi, et ass méi kal, et reent méi oft wéi zu Lëtzebuerg, et ass méi oft a méi laang däischter wéi bei eis, well dat läit jo méi nördlech. Zu Kopenhagen ass den Undeel vum Vëlo innerhalb vun der Stad am Gesamtverkéier 35%. 35%, dat heescht, all drëtt Bewegung, déi gemaach gëtt an der Mobilitéit an der Stad Kopenhagen, déi ass mam Vëlo. Dat heescht, de Klima kann also keen Argument sinn.

An och d'Topografie ass keent, well et gëtt an Norwegen eng Stad, déi heescht Trondheim, déi ass an den Hiwwele gebaut. Do ass et vill méi géi wéi zu Lëtzebuerg. Do ass de Vëlosundeel 28%. Elo kënnst Dir mer soen: Sinn déi alleguerten..., wéi maachen déi dat da bei esou stäilen Hiwwelen? Mä et ass investéiert ginn an Infrastrukturen, déi och maachen, datt verschidde méi schwierereg Momenter kënnen besser iwwerwonnen ginn.

An de President vun der Vëlosinitiativ seet ëmmer zu Recht: Et ass e bësse witzeg, wann iwwert de Vëlo geschwat gëtt, da gëtt emol net dru geduecht, datt am Fong den Auto, dee jo e Motor an der Hauf huet, do hu mer all déi Infrastrukture längstens gebaut, Brécken a Gott weess wat net nach alles, fir datt den Auto bequem iwwer en Dall kënnst. Woubäi den Auto jo mam Motor duerfir esou erof an erop kéim, well deen huet jo e Motor, deen en undreift, et brauch jo keen ze drécken. Mä beim Vëlo stellt dat alles Schwierigkeeten duer.

An ech mengen, dat ass dat, wat mer mussen verstoen, datt awer den Invest, dee mer do mussen maache fir déi Hëllefsmëttele, déi mer kënnen schafen, Brécken, Liften, wat och ëmmer, eigentlech extrem geréng ass par rapport zum Auto an en immens grousst Resultat kann awer herno bréngen.

Et si scho vu verschiddene Leit och hei verschidden Elementer ervirgestrach ginn, wou de Vëlo alles kann agesat ginn, och am Tourismus.

Ech wëll lech just soen, de Cyclotourismus ass an Europa immens am Opstieg, a grad e Land wéi Lëtzebuerg mat eise schéine Landschaften, déi mer hunn, eegent sech extrem gutt derfir. A wa mer déi Infrastrukturen hei schafen zum Beispill, da wäert dat dozou bäidroen, wa mer dat bis alles gebaut hunn, datt mer do fir den Tourismus vill maachen.

Dat heescht, mir hunn do och e Return on investment, deen immens héich ass, deen a kengem Verhältnis steet par rapport zu Investissementer, déi mer maachen an Infrastrukturen zum Beispill fir den Auto, wou den Invest oft dat Zéngt-, Zwanzegfach, Drësegfach ass a wou mer bäi Wäitem net dee Rendement hunn, weder an der Effikassitéit a scho guer net och ekonomesch gesinn, dee mer hei hu bei deem, wat mer hei mussen investéieren.

Ech kommen och nach herno drop ze schwätzen, wat dat heescht „investissementsméisseg“, well de Budget... Wa mer d'Gesetz haut stëmmen, dat ass jo eng Saach, da mussen mer jo kucken, wéi gi mer eis d'Moyenen, fir datt mer dat doten effektiv, an net, wéi de Max Hahn richtig gesot huet, a 50 Joer, mä awer an engem seriéis valabelen Zäitpunkt och ëmgesat kréien.

Et ass och esou, datt déi ganz Diskussioun ronderëm d'Virdeeler vum Vëlo oft falsch diskutéiert ginn. Wann een als Haaptargument do-bausse wëllt de Leit soen, firwat datt de Vëlo interessant ass, dann ass d'Ëmweltargument dat allerschwächst. Dat ass och eent, natierlech, iergendwou am Schluss. Mä et ass esou, datt de Gros vun de Leit net op de Vëlo klammen, well se mengen, se géifen eppes domadder fir d'Ëmwelt maachen. An dat ass och net den Haaptvirdeel vum Vëlo.

Den Haaptvirdeel vum Vëlo ass éischters, datt ech méi schnell weiderkommen. Ech sinn op kuerzen Distanzen net ze schloen, par rapport zu nääscht. An ech hunn déi Wett schonn oft gewonnen, wann ech se gemaach hunn. Ech hu kee Problem, also ech si méi schnell, also ech hu kee Problem, fir eng Parkplaz ze sichen. Ech kann d'Stad nei entdecken. Ech ka stoe bleiwen, wou ech wëll, zu all Sekonn. Ech brauch nëmme einfach stoen ze bleiwen, de Fouss erofzesetzen an da kann ech mat engem schwätze ronderëm. Ech kann d'Stad nei entdecken. Mäi Champ de vision ass einfach vill méi grouss.

Am Auto sëtzen ech do an där Këscht, déi zou ass, an ech gesi viru mech, ech muss op de Verkéier mech konzentréieren. Um Vëlo sëtzen ech do souverän uewendrop an ech gesi léns a riets, no uewen, vill besser wéi am Auto. Also, ech entdecke Saachen an der Stad op mengem Wee, deen ech net hunn (veuillez lire: wat ech soss net kann). Dat heescht, et gëtt enorm Virdeeler, firwat een de Vëlo kann huelen.

Da gëtt et och nach e gesondheetlechen derbäi. Et gëtt international Studien, déi soen, wann Der pro Dag 20 Minutte mam Vëlo fuert, also net sportlech, einfach gemittlecht fuert, wann dat géif gemaach ginn, generell, da géifen déi kardiovaskulär Risiken an eiser Gesellschaft ëm 30% gesenkt ginn. Rechent lech emol nëmme eleng dee Benefiss aus, deen Der do hutt, wat dat manner kascht fir d'Krankekeesen an esou weider, den ekonomesche Benefiss, deen Der do hutt!

Dat heescht, et sinn dat d'Virdeeler, déi ee muss eraussträichen an déi och d'Leit relativ séier verstinn, well ech hunn esou vill Leit begéint, déi ech iwwerzeegt kritt hunn an deene leschte Joren, fir emol ze probéieren mam Vëlo, an déi am Ufank gesot hunn: Oh, dat ass alles schéin a gutt!, mä iergendwann eng Kéier duerno begeeschtert gi sinn, well se eigentlech déi Saachen dann erëm nei entdeckt hunn.

Natierlech ass d'Infrastruktur eng Virussetzung. An natierlech muss d'Infrastruktur, gutt sinn, si muss sécher sinn. An ech mengen, dat Gesetz hei setzt éischt Virussetzungen.

Ech kommen dann och zum Budget an zum Käschtepunkt, dee jo de Géigesaz ass zu dem Benefiss, deen ech hunn. De Benefiss ass hei op villfältigem Niveau ganz héich. An de Käschtepunkt ass awer net an deem Verhältnis. Ech wëll lech soen, datt mer an deenen nächste Joren de Budget wäerte substanzuell eropschrauwen, de Pluriannuel, fir dat Vëlospistennetz hei ze bauen.

2013 hate mer am Budget 2,5 Milliounen virgesinn, fir nei Vëlospisten ze bauen. 2014 sinn ech eropgaangen op 3,5 Milliounen an 2015 op 4,5. A mir ginn 2016 op 8 Milliounen erop a wäerten 2017 och 8 Milliounen an 2018 och 8 Milliounen investéieren an de Réseau. Dat heescht, an där ganzer Legislaturperiod 32 Milliounen Euro. An domadder kënnen mer et





erreechen, datt mer en enorme Sprong no vir maachen, datt mer wäerte vun Norden no Süden a vun Osten no Weste mindestens schonn en duerchgängege Réseau hunn.

All déi Lücken, déi wäerte mer als Éischt schléissen, mä et geet drëms, datt mer herno, no deene véier Joer, wierklech kënne soen: Hei zu Lëtzebuerg kann een no Norden, Süden, Osten a Weste fuere mam Vélo, ouni datt ee Schwie-regkeeten huet, datt déi PCen an datt déi Vëlospisten ofgesécher sinn.

Elo kann ee mer soen: Wat, 32 Milliounen Euro fir de Vélo! 32 Milliounen si jo natierlech och vill, et ass net, datt dat näischt ass. Dat ass jo vill Geld. Mä setzt dat emol an d'Verhältnis zu anere Projeten, déi mer hei diskutéieren! A kuckt emol, wat mer erauskréien!

### (Interruption)

Am September dëst Joer maache mer d'Nordstrooss op. Do hu mer fir 12, 13 Kilometer Strooss 700 Milliounen investéiert! 700 Milliounen fir 13 Kilometer Strooss!

Ech wëll elo kee Jugement doriwwer ofginn, mä ech wëll dat just en rapport setzen hei vun 32 Milliounen an zu deem, wat ech am Ufank erklärt hunn, wat eigentlech de Benefiss ass, dee mer hei kënne kréie bei deem klengen Asaz, dee mer eigentlech hei maachen. An duerfir ass et wierklech derwäert, datt mer och déi nächst Joren eis déi Méiglechkeete substanz-ziell ginn. Dat heescht, datt mer dee Pluriannuel substanzuell eropsetzen, fir datt mer beschleunegt dee Réseau do ëmgesat kréien.

Bon, ech kann natierlech nëmmen elo bis 2018 hei e Versprechen ofginn. Ech weess net, wat de Wieler duerno decidéiert. Mä ech géif mer awer op alle Fall wënschen, ob ech nach do sinn oder wien och ëmmer do ass, datt deen do Rhythmus weidergefouert gëtt. Well wa mer deen nämlech dann esou weiderféieren, dann hu mer, an engem Zäitraum vu siwen, aacht, néng Joer, dat Ganzt ëmgesat, hu mer eppes Substanzielles gemaach.

Dann ass gesot ginn hei: De Réseau bréngt näischt, et wier eng Illusioun, ze mengen, dat géif eppes bréngen fir de Vélo am Alldag. Dat ass net richtig! Well ech wëll drun erënneren - dat ass mindestens déi substanzuell Ännerung, déi ech virgeholl hunn: Ech hunn 110 km bäisetze gelooss. An dovu sinn 80 km dovunner, also aacht PCen dovunner, net 80 km, pardon, also aacht PCen dovunner, mä et mécht awer ongeféier tëschent 80 an 90 km aus, dat sinn der am urbane Raum.

Dat heescht, dat ass eben den Uschloss duerch déi urban Raim, deen do virgesinn ass. An da sinn eng ganz Rei Instrumenter jo hei dra virgesinn, ënner anerem de Subsid vun 30%, deen d'Gemenge kënne kréien, wa se hir PCen uschléissen, also, pardon, wa se hire Réseau schafe bei sech innerhalb vun der Gemeng an deen un den nationale PC uschléissen. Deen Ureiz ass an d'Gesetz dragesat ginn, fir ze beschleunegen, datt innerhalb vun de Gemengen och Vëlospisten ugeluecht ginn.

An do ass nach vill Nohuelbedarf. An ech wëll lech just soen: Am Moment sinn et nëmme fënnëf Gemenge vun deenen 105, wou wierklech substanzuell Vëlosréseauen existéieren. An 100 Gemengen existéiert näischt innerhalb vum Gemengenterritoire! Oder nëmmen esou brochistéckaarteg eppes. Dat heescht, do ass nach vill ze maachen. An duerch dee Subsid - fir dëst Joer si scho 500.000 Euro Subsid virgesinn am Gesetz -, mä ech mengen, dëst Joer geet et och emol virun allem drëms, fir ze kucken, datt mer Hëllefstellung ginn un d'Gemengen.

An duerfir hunn ech jo am Ministère déi Cellule de la mobilité douce geschafen. An net ze vergiessen, an der Administratioun vu Ponts et Chaussées hunn ech eng nei Divisioun geschafen, déi heescht Division de la mobilité

écologique an déi beschäftegt sech hei haapt-sächlech mam Vélo. Do ass och e Chef de divi-sion genannt ginn am Januar.

An déi zwou Entitéiten zesummen, dat heescht, sougutt deen Deel am Ministère mat där neier Divisioun an de Ponts et Chaussées, déi sollen hëllefen, fir de Gemengen deen néidegen Input ze ginn, fir datt se kënne hir Réseauen opbauen, ouni datt se direkt emol Käschten hunn um Ufank. Zum Beispill, datt se da mussen deier Etüde bestellen an esou weider an esou fort.

An do, fir dat ze vermëttelen an och d'Gesetz méi no ze bréngen, wat fir eng Méiglechkeeten dat Gesetz wäert bidden, hunn ech decidéiert, fir eng Roadshow ze maachen duerch d'ganzt Land. Mir wäerten eng zéng bis zwielef lokal Versammlunge maachen, kräiz a quer duerch d'Land, Norden, Süden, Osten, Westen, wou och ëmmer. Et sinn der schonn en Deel deci-déiert. D'Gemenge sinn och ugeschriwwen ginn. De Syvicol mécht och do mat.

Et geet mer drëms, datt mer dann op den Ter-rain ginn a mat enger flotter Powerpointshow weisen, wat fir eng Méiglechkeeten et elo gëtt an och wat fir eng Méiglechkeete vun Enner-stëtzung vum Ministère do sinn, fir datt d'Ge-menge gehollef kréien, datt mer do méi séier weiderkommen.

Natierlech sinn d'Gemengen e wichtege Part-ner an där ganzer Evolutioun hei. An duerfir mussen mer och kucken, datt mer déi méiglechst mobiliséiert kréien. Ech sinn awer, muss ech awer soen, frou, well de Christophe Reuter huet scho bei mir am Ministère den Tour relativ vill gemaach. An hie muss soen, e seet, en ass immens beegeschtert iwwert de Feedback, deen e kritt huet vum Gemengenter-rain, datt en immens grouse Wëllen do ass, fir do matzemaachen. An dat ass eng gutt Viraus-setzung, datt mer och weiderkommen.

Da sinn eng Rei spezifesch Froen nach gestallt ginn.

Dat Éischt ass vum Här Negri. Hien huet ge-frot... Neen, pardon, fir d'Éischt hat den Här Kaes nach déi Fro opgeworf mat de Fliedermais vu Fueren. Also, éischstens ass dee Problem po-sitiv geléist. Am Tunnel wäert e falsche Plaffong kommen op där Plaz, wou déi Déiercher sech ophalen. An et gëtt och derfir gesuergt, datt de Mikroklima am Tunnel esou erhale bleift, datt déi Déieren do weider och kënne existéieren. Et handelt sech natierlech ëm eng ganz rar Zort, déi sech do ophält. Mä ech ginn lech awer honnertprozenteg recht: Et mussen haaptsächlech par rapport zur Mobilité douce Léisunge fonnt ginn.

A wat den Här Hahn opgeworf huet, ass och richtig, wou e gesot huet, d'Belä, déi oft vir-geschriwwen ginn, do gëtt et nei Regeln. De Christophe Reuter hat eng Studiefahrt ge-maach op Würzburg, wou ee kann all déi Belä, déi et ginn, déi Méiglechkeeten, déi vill-fälteg, déi et ginn, wou een déi muss kucken. A mir hunn eng nei Richtlinn, de Camille Gira huet matgehollef do am Environnement, datt mer déi hikritt hunn, soudatt an Zukunft kee Projet méi wäert verhénnert ginn duerch esou verréckte Konflikter.

Well et gëtt do par rapport zur Mobilité douce, an der Regel, ëmmer Léisungen. An et gëtt der och, do hutt Der och honnertprozenteg recht, déi ganz sécherlech manner deier si wéi déi, déi oft ëmmer préconiséiert ginn. An do si mer um ganz gudder Wee, kann ech lech soen. Ganz vill Konfliktpotenzial ass do scho geregelt ginn.

Dann nach d'Fro vum Här Negri mat dem Tram. Et ass en Aarbechtsgrupp agesat, dee soll sech drëm këmmen, fir um ganzen Tracé, well do maache mer jo eng Reurbaniséierung vum ëffentleche Raum, da geet dat an engems, datt mer och do separat Vëlospiste kréien. Dat leeft.

Dann ass och gesot ginn, déi Fro mat Kom-promësser, zum Beispill a verschiddenen Uert-schaften, ob een d'Trottoire soll notzen oder net. Am Prinzip soen ech net. Ganz kloer. Mä et gëtt natierlech Situatiounen, wou een ein-fach kee Raum huet. Mir kënne net en Haus ofrappen, hein, fir eng Vëlospist ze bauen. An do muss een natierlech Kompromëssléisunge sichen. An och do gi mer gär nei Weeër, fir ze kucken, datt een an esou Fäll kann Ausnahme-regelunge kréien. Déi kritt een dann, also déi hu mer schonn decidéiert, fir dat kënne ze maachen.

An da wëll ech och soen, datt déi ganz Fro vun de Zones 30 oder Zones de rencontre 20, ob et viru Schoulen ass oder anere Plazen, dat sinn natierlech wichteg Elementer. An enger Zon 30 zum Beispill brauch ech keng Vëlospist, well do ass de Verkéier, oder an enger Zon 20, Zone de rencontre scho guer net, well do gëtt lues ge-fuer, do kann de Vélo mam Verkéier matfuere. Dat ass och am Ausland iwwerall d'nämlech.

An och do gëtt et eng nei Richtlinn, déi mer ausgeschafft hunn déi lescht aacht Méint. De Syvicol krut se och scho virgestallt. An do gëtt et ganz nei aner Méiglechkeeten, déi mer wël-len ubidden, fir mat de Gemengen zesummen op dee Wee weiderzegoen.

Dann ass nach déi Fro vum Vélo an dem Géige-verkéier. Éischstens emol wëll ech lech soen, datt dat net richtig ass, well de Géigeverkéier gëtt fir de Vélo just opgemaach, wann et an enger Zon 30 ass. Dat heescht, et geet nëm-men do, wou wierklech lues gefuer gëtt.

An dat Zweet, dat ass, do hu mer zu Lëtze-buerg d'Rad net nei erfonnt, dat gëtt et am Ausland schonn immens laang. An dat ass och bewisen duerch x Studien, datt dat iwwerhaapt net geféierlech ass. Au contraire, do geschéien déi allermannsten Accidenter. Aus engem ganz einfache Grond: well den Autofuerer an de Vëlofuerer sech an d'Ae kucken. Et ass vill méi geféierlech fir e Vëlofuerer, wann en den Auto am Réck huet, wéi datt ech e gesinn, wou e fiert, wou ech da ka genau mech esou verha-len. An et gëtt iwwerhaapt keen ee Problem bis elo an där... Also, ech wëll net soen, datt ni-mools eng Kéier op esou enger Plaz en Acci-dent ka geschéien, mä op alle Fall ass de Risiko vill méi kleng wéi op anere Plazen.

Da war nach d'Fro komm vun den ëffentleche Gebaier. Do ass et esou, datt mer...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Kënnst Der esou lues zur Konkusioun kommen, Här Minister?

► **M. François Bausch, Ministre du Dévelop-pement durable et des Infrastructures.**- Jo, Här President, ech sinn...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- D'Zäit ass ofgelaf.

► **M. François Bausch, Ministre du Dévelop-pement durable et des Infrastructures.**- Ech hunn nach zwou, dräi Froen, da sinn ech fäerdeg.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Jo, dann, wann d'Chamber do dermat d'accord ass?

### (Brouhaha général)

► **M. François Bausch, Ministre du Dévelop-pement durable et des Infrastructures.**- Soss kann ech déi Froen net beäntweren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Okay.

► **M. François Bausch, Ministre du Dévelop-pement durable et des Infrastructures.**- Merci, Här President. Merci un d'Chamber.

Et war nach gefrot gi bei den ëffentleche Ge-baier,...

### (Brouhaha général)

...ob do net sollt d'office eppes virgesi sinn och fir Vëlosparkplazen. Do ass et esou, datt de Christophe Reuter mat der Administration des

bâtiments publics schonn eng Réunioun hat, a mir sinn amgaang, eng Etüd ze maachen, wéi mer systematesch beim Bau vun ëffentleche Gebaier d'office dat virgesinn, fir do mam gudder Beispill virzegoen.

An da bei der Eisebunn, ech hu mat der Eise-bunn zesummen elo gekuckt, déi hunn e Plan d'investissement pluriannuel opgestallt, fir bei de Garen déi M-Boxe relativ séier iwwerall op-zustellen. Op de Pôle-d'échangé si se souwisou virgesinn, d'office, wa mer déi bauen. Duerfir ass dee Problem och domadder geléist.

Voilà, Här President, domat, mengen ech, hunn ech de Gros vun de Froe beäntwert. Wéi gesot, nach eng Kéier Merci fir déi grouss Zoustëm-mung fir dee Projet hei!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Minister.

Domat si mer um Enn ukomm a mir géifen direkt zur Ofstëmmung iwwergoen iwwert de Projet 6600.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi 6600 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. D'Procuratiounen.

Sou, d'Ofstëmmung ass eriwwer. A mer schléis-sen den Owend mat Eestëmmegeet of.

► **Plusieurs voix.**- Aah!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- 60 Deputéierten hu sech fir de Projet ausge-schwat.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie An-drich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Fé-lix Eischen, Léon Gloden (par M. Marcel Ober-weis), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Han-sen (par M. Serge Wilmes), Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Nancy Arendt), MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Gilles Roth), MM. Laurent Mosar (par M. Paul-Henri Meyers), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par M. Emile Eicher), Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Jean-Marie Hals-dorf) et Laurent Zeimet (par M. Félix Eischen);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferding (par M. Georges Engel), Tess Burton (par M. Yves Cruch-ten), M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Marc Angel), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Franz Fayot), Mme Cécile Hemmen et M. Ro-ger Negri;

MM. Guy Arendt (par M. André Bauler), André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eu-gène Berger, Mme Anne Brasseur (par Mme Joëlle Elvinger), M. Lex Delles (par Mme Simone Beis-sel), Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Ro-berto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Mir bleift just nach ze froen, ob Der bereet sidd, d'Dispens vum zweete verfassungsméis-sege Vote ze ginn?

### (Assentiment)

Da villmools Merci.

Kommt gutt heem! A mir gesinn eis dann am Mäerz fir déi nächst Sätzungen erëm.


D'Sëtzung ass eriwwer.

(Fin de la séance publique à 20.43 heures)

■ L'actualité parlementaire sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)

■ Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).

■ La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu), avec quiz, information et vidéo.



d'Chamber online op  
[www.chd.lu](http://www.chd.lu)



Rectificatif

5. Ordre du jour

Vote sur l'ordre du jour remplaçant celui publié à la page 329 du compte rendu n°9/2014 2015

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- De Vote ass lancéiert. Perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

Mir haten 58 Leit, déi sech direkt oder indirekt um Vote bedeelegt hunn. Den Ordre du jour ass mat 56 Jo-Stëmme bei 2 Nee-Stëmme bestätegt.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Octavie Modert) et M. Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Roger Negri), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.



Rectificatif

3. 6653 - Projet de loi portant création d'un comité du risque systémique et modifiant la loi modifiée du 23 décembre 1998 relative au statut monétaire et à la Banque centrale du Luxembourg

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6653 remplaçant celui publié à la page 373 du compte rendu n°10/2014-2015

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- D'Ofstëmmung fänkt un. Déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

De Projet de loi 6653 ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen, bei 2 Nee-Stëmmen.

Ass d'Chamber bereet...

(Interruptions)

► **Une voix**.- Et war mir ze séier gaangen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ouh? Ech hunn awer 60 Leit, déi ofgestëmmt hunn.

(Interruptions)

Dat ass kee Problem. Et ass jo „Jo“?

► **Une voix**.- Jo, jo!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Okay, Merci villmools! Dat gëtt berücksichtegt. Ech mengen, et ass schonn!

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Nancy Arendt), Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert), Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;


MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Justin Turpel et Serge Urbany (par M. Justin Turpel).



Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

- Ouverture de la séance publique
    - M. Mars Di Bartolomeo, *Président*
  - Communications
    - M. Mars Di Bartolomeo, *Président*
  - Dépôt d'une proposition de loi par M. Fernand Kartheiser
    - M. Fernand Kartheiser
  - Ordre du jour
    - M. Mars Di Bartolomeo, *Président*
  - 6454A - Projet de loi portant modification de:
    - l'article 15-1 de la loi modifiée du 27 juillet 1997 sur le contrat d'assurance
    - la loi modifiée du 21 décembre 2007 portant
      - transposition de la directive 2004/113/CE du Conseil du 13 décembre 2004 mettant en œuvre le principe de l'égalité de traitement entre les femmes et les hommes dans l'accès à des biens et services et la fourniture de biens et services;
      - modification du Code pénal;
      - modification de la loi modifiée du 27 juillet 1997 sur le contrat d'assurance
        - Rapport de la Commission des Finances et du Budget: Mme Joëlle Elvinger
        - Discussion générale: M. Laurent Mosar, M. Franz Fayot, Mme Viviane Loschetter
        - Prise de position du Gouvernement: M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*
        - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 6751 - Projet de loi relatif à la mise en application du règlement (UE) n°1215/2012 du 12 décembre 2012 concernant la compétence judiciaire, la reconnaissance et l'exécution des décisions en matière civile et commerciale (refonte) et modifiant le Nouveau Code de procédure civile
  - Rapport de la Commission juridique: Mme Simone Beissel
  - Discussion générale: M. Léon Gloden, M. Franz Fayot, Mme Viviane Loschetter, M. Roy Reding, M. Serge Urbany
  - Prise de position du Gouvernement: M. Félix Braz, *Ministre de la Justice* (intervention de

- M. Serge Urbany)
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 6457 - Projet de loi modifiant:
    - la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État;
    - la loi modifiée du 9 décembre 2005 déterminant les conditions et modalités de nomination de certains fonctionnaires occupant des fonctions dirigeantes dans les administrations et services de l'État;
    - la loi du 16 avril 1979 portant réglementation de la grève dans les services de l'État et des établissements publics placés sous le contrôle direct de l'État;
    - la loi modifiée du 15 juin 1999 portant organisation de l'Institut national d'administration publique;
    - la loi modifiée du 30 juin 1947 portant organisation du corps diplomatique;
    - la loi modifiée du 23 juillet 1952 concernant l'organisation militaire et
    - la loi modifiée du 10 août 1992 portant création de l'entreprise des postes et télécommunications
  - 6458 - Projet de loi transposant certaines dispositions de l'accord salarial du 15 juillet 2011 dans la fonction publique et modifiant la loi modifiée du 22 juin 1963 portant fixation de la valeur numérique des traitements des fonctionnaires de l'État ainsi que des modalités de mise en vigueur de la loi du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État
  - 6459 - Projet de loi fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État
  - 6460 - Projet de loi modifiant:
    - la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des Chemins de Fer luxembourgeois;
    - la loi modifiée du 18 juillet 2000 ayant pour objet la coordination des régimes de pension
  - 6461 - Projet de loi instituant un régime de pension spécial transitoire pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des Chemins de Fer luxembourgeois
  - 6462 - Projet de loi fixant les conditions et modalités de l'accès du fonctionnaire à un groupe de traitement supérieur au sien et de l'employé de l'État à un groupe d'indemnité supérieur au sien
  - 6463 - Projet de loi fixant les conditions et modalités selon lesquelles le fonctionnaire de l'État peut changer d'administration
  - 6465 - Projet de loi déterminant le régime et les indemnités des employés de l'État